SÉANCE 14

Mardi, 9 décembre 2008

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président • M. Laurent Mosar, Vice-Président

Sommaire

1. Communications
- *M. le Président*

2. Ordre du jour
- *M. le Président*

3. Dépôt d'une motion par M. Aly Jaerling
- *M. Aly Jaerling*

4. Dépôt d'une proposition de loi
- *M. Carlo Wagner*

5. 5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009 (suite)
- *Discussion générale: M. Michel Wolter, M. Claude Meisch (à qui M. Aly Jaerling pose une question), M. Ben Fayot, M. François Bausch (répondant à M. Aly Jaerling)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Neen, Här President.

M. le Président.- Merci, Madame Jacobs.

1. Communications

Ech hu folgend Matdeelungen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

5964 - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif à la participation de la République de Bulgarie et de la Roumanie à l'Espace économique européen ainsi que de l'Acte final, signés à Bruxelles, le 25 juillet 2007

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 26.11.2008

5965 - Projet de règlement grand-ducal portant abrogation du règlement grand-ducal due 1er décembre 1993 relatif à des modalités d'application et à la sanction du règlement (CEE) N°793/93 du Conseil du 23 mars 1993 concernant l'évaluation et le contrôle des risques présentés par les substances existantes

Dépôt, à la demande de Monsieur Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, le 01.12.2008

5966 - Projet de règlement grand-ducal portant abrogation du règlement grand-ducal modifié du 22 janvier 1996 concernant la liste des lois et règlements visés à l'article 13, point 1 cinquième tiret de la loi du 15 juin 1994 - relative à la classification, l'emballage et l'étiquetage des substances dangereuses - modifiant la loi du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses

Dépôt, à la demande de Monsieur Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, le 01.12.2008

5967 - Projet de révision de l'article 34 de la Constitution

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 03.12.2008

5968 - Projet de loi autorisant la reconstruction du passage supérieur situé au point kilométrique 0,858 de la ligne de Luxembourg à Kleinbettingen et amendant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Dépôt: Monsieur Lucien Lux, Ministre des Transports, le 04.12.2008

5969 - Projet de règlement abrogeant le règlement grand-ducal du 28 mai 2004 portant certaines modalités d'application du règlement (CE) N°304/2003 du Parlement européen et du Conseil du 28 janvier 2003 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux

Dépôt, à la demande de Monsieur Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, le 05.12.2008

3) En date du 3 décembre 2008, l'Association pour le Droit de Mourir en Dignité (ADMD-L) et Sokrates.lu ont remis la pétition N°291 pour la dépénalisation de l'euthanasie.

4) En date du 4 décembre 2008, le Collectif pour la Vie, association informelle de citoyens, a remis la pétition N°292 relative à l'opposition à la dépénalisation de l'euthanasie.

5) Du 14 au 18 novembre 2008, s'est tenue la 54e Session de Printemps de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN (AP-OTAN) à Berlin. La Chambre des Députés y était représentée par M. Marc Spautz, Président de la délégation luxembourgeoise, M. Marc Angel, Vice-Président, Mme Colette Flesch, M. Fred Sunnen, Mme Lydia Mutsch et M. Claude Adam, Membres.

À l'ordre du jour figuraient notamment un débat général sur le conflit entre la Géorgie et la Russie, l'élection des dirigeants de l'Assemblée et la présentation des activités en 2009.

M. Jaap de Hoop Scheffer, Secrétaire général de l'OTAN, M. José Lello, Président de l'AP-OTAN, M. Mikheïl Saakachvilli, Président de la Géorgie, le général Bantz John Craddock, Commandant suprême des forces alliées en Europe, ont tenu des discours.

La Session de Printemps se tiendra du 22 au 26 mai 2009 à Oslo et la 55e Session de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN se tiendra du 13 au 17 novembre 2009 à Edimbourg.

2. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 4. Dezember huet d'Presidentekonferenz, Dir Dammen an Dir Hären, folgenden Ordre du jour fir dës Woch virgeschloen:

Haut de Mëtteg féiere mer d'Budgetsdebatten. Déi gi muer de Moien um néng Auer weidergefouert.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi ass den eventuellen Ofschloss vun de Budgetsdebatten, wann dat bis dohinner net sollt geschitt sinn; dann de Projet de loi 5862, en Ofkommes géint d'Duebelbesteierung mat Hongkong; duerno de Projet de loi iwwert de Bau vun enger Maison du Savoir zu Belval, an de Projet iwwert de Bau vun engem Verwaltungsgebai och zu Belval.

En Donneschdeg de Moien um néng Auer de Projet 5695, dat heescht dat sougenanntent Waassergesetz; an en Donneschdeg um hallwer dräi de Projet de révision 5967, d'Ofännerung vum Artikel 34 vun der Verfassung.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Den Här Jaerling huet d'Wuert gefrot, an den Här Wagner.

3. Dépôt d'une motion par M. Aly Jaerling

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Meng Motioun kënnt opgrond vun deenen Evenementer, déi an der leschter Zäit waren, a well de Grand-Duc sech opgrond vum Artikel 34 vun der Verfassung geweigert huet, d'Gesetz iwwert d'Stierfhëllef ze ënnerschreiwen - wat säi gutt Recht ass -, an opgrond vun deem, dass elo an engem Turboverfahre soll den Artikel 34 vun der Verfassung geännert ginn, a sech och scho Stëmmen héiere gelooss hunn, fir d'Verfassung esou ze änneren, dass dem Grand-Duc nach just solle representativ Rechter zougestane ginn, woumat jo heibanne jiddwereen d'accord ass, dat ass net de Problem.

Mä wou ech awer de Problem gesinn, dat ass, dass dat eng Fro ass, déi sämtlech Bierger hei am Land betrëfft. Dofir wëll ech hei eng Motioun deponéieren, fir dass d'Regierung soll e Referendum organiséieren, mat der kloerer Fro, ob d'Bierger d'accord sinn, jo oder neen, fir dass de Grand-Duc nach just representativ Rechter kritt, an ob d'Verfassung an deem Sënn soll geännert ginn.

Motion

D'Deputéiertechamber,

am Bewosstsënn,

- dass d'Fraktiounen, de Grupp an d'Sensibilitéit der Meenung sinn, dass de Grand-Duc seng Kompetenzen iwwerschratt huet, wéi hie matgedeelt huet, dass hien d'Gesetzespropositioun 4909 iwwert d'Stierfhëllef net wëllt ënnerschreiwen, och wann et an zweeter Liesung vun der Chamber gestëmmt ass;

- dass awer den Artikel 34 vun der Verfassung dem Grand-Duc dat Recht zougesteet, och wann dat bis elo ni ugewannt ginn ass, dëse Pouvoir awer och net duerch Jurisprudenze begrenzt gëtt;

- dass, wann e gestëmmtent Gesetz net innerhalb vun dräi Méint ënnerschriwwen a publizéiert ass, dëst Gesetz net a Kraaft triede kann;

- dass dës Situatioun vill Konfusioun ënnert de Bierger provozéiert huet;

- dass elo den Artikel 34 vun der Verfassung soll kuerzfristeg geännert ginn, fir dem Grand-Duc d'Recht vun der Verweigerung vun der Ënnerschrëft zu engem Gesetz ofzeschwätzen;

- dass dëst awer net duergeet, an ee misst déi ganz Kompetenze vum Grand-Duc iwwerdenken a verfassungsrechtlech reforméieren;

- dass dëst awer eng Fro ass, déi all Bierger hei am Land ugeet an net nëmme 60 Deputéierten;

fuerdert d'Regierung op

- e Referendum ënner alle Bierger hei am Land ze organiséiere mat där kloerer Fro, ob se d'accord sinn, dass de Grand-Duc nach just soll representativ Kompetenze kréien, an dass eng Reform vun der Verfassung an deem Sënn soll ageleet ginn.

(s.) Aly Jaerling.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Ech ginn dem Här Jaerling Akt vum Dépôt vun där Motioun, déi un d'Presidentekonferenz weidergeleet gëtt. Den Här Wagner huet d'Wuert gefrot.

4. Dépôt d'une proposition de loi

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei den Dépôt maache vun enger Proposition de loi portant modification de l'article 355 du Code des Assurances sociales.

Just ganz kuerz, Här President, wann Der erlaabt als Erklärung. Den Artikel 355, dee seet, dass d'Assurance dépendance d'Cotisatioune fir Pensiounen iwwerhëlt vun deene Leit, déi doheem eng fleegebedürfteg Persoun betreien an net selwer eng Pensioun hunn.

Den Artikel 336 vum Code des Assurances huet en Délai de prescription vu fënnef Joer. Elo ass et esou, dass eng Rei vu Leit deen Délai leider verpasst hunn, wat mat sech bréngt, dass se nëmmen deelweis oder guer net kënnen hiert Recht ausüben. Dofir ass meng Propositioun, fir ze kucken, dass déi dote Leit net sanktionéiert ginn, dass mer am Artikel 355 deen Artikel 336 änneren op enger Period vun zéng Joer; dat heescht genau zéng Joer vum Ulaf vun der Assurance dépendance u bis d'Joer 2009.

5971 - Proposition de loi portant modification de l'article 355 du Code des Assurances sociales.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech ginn dem Här Wagner Akt vum Dépôt vun dëser Proposition de loi. Et gëtt no deenen übleche Prozedure verfuer.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zu den Debatten iwwert de Statsbudget fir d'nächst Joer. D'Riedezäit ass bekanntlech nom Modell 6 festgeluecht. Et si bis elo agéschriwwen: déi Häre Wolter, Meisch, Fayot, Bausch, Gibéryen an den Här Jaerling, dann den Här Mosar, d'Madame Mutsch, den Här Thiel, den Här Bodry, den Här Clement an den Här Schneider. D'Wuert huet elo den éischte Riedner, den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, wann ech gelift.

5. 5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009 (suite)

Discussion générale

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, et si schonn extraordinär Zäiten, déi mer amgaange si ze erliewen. De Budget, dee mer elo sollen diskutéiere fir d'Joer 2009 an dee sech an engem ganz schwierege wirtschaftlechen Ëmfeld erëmfënnt, riskéiert manner Beuechtung ze fanne wéi aner Diskussiounen, déi dëser Deeg op der Place publique stattfannen.

En éischt Opfer dovunner ass leider mäi Fraktiounskolleeg Norbert Haupert d'lescht Woch ginn, deen no dräi Méint excellenter Viraarbecht, vun där op d'mannst déi, déi an der Kommissioun waren, sech konnten iwwerzeegen, dee souwuel a sengem schréftleche wéi virun allem och a sengem mëndleche Rapport déi lescht Woch kloer an däitlech drop higewisen huet, a wat fir engem Ëmfeld mer sinn, wat d'Risike sinn a wat och d'Potenzialitéite sinn, déi sech doraus erginn.

De Budgetsrapport ze maachen ass ee wichtege Moment an der politescher Carrière vun engem Deputéierten, well et engem iwwert dräi Méint erlaabt, sech an engem Mooss an en Dossier anzeschaffen, wou ee soss als Deputéierte kaum d'Méiglechkeet huet ze maachen. Ech hu festgestallt, dass den Norbert mat ganz vill Élan, mat ganz vill Freed a mat ganz vill Engagement deen Challenge ugaangen ass.

Hien ass zum Deel nei Weeër gaangen, wéi hien décidéiert huet, fir déi eng oder déi aner Schoul opzesichen, fir do mat Studenten iwwert de Budget ze diskutéieren. Och, Norbert, wann däi Rapport vläicht de leschten Dënschdeg an der Mass vun anere

Saachen ënnergaangen ass, esou bleift et, dass du eng ganz gutt Aarbecht gemaach hues, fir déi ech der ausdrécklech am Numm vun eiser Fraktioun wëll félicitéieren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi wirtschaftlech Situatioun, an där mer eis befannen, mécht d'Budgetsdebatten dëst Joer besonnesch schwiereg. Wuel iwwerall, wou uechter Europa an doriwwer eraus Regierungen a Parlamenter sech an dësen Deeg mam Budget vun nächste Joer beschäftegen, herrschen Onsécherheet a Beonrouegung iwwert déi wirtschaftlech Perspektive fir 2009.

De Kader ass gesat a seng Formulatioun léisst keen Zweifel driwwer zou, dass d'Lag eescht ass. De Weltwährungsfong geet vun enger globaler Rezessioun fir 2009 aus. D'Europäesch Kommissioun huet fir déi ganz Unioun an och fir d'Eurozon Wuesstemszuelen ermëttelt, déi net wäit iwwer null wäerten erausgoen. D'OECD warnt zënter e puer Deeg virun enger weltwäiter Deflatioun, engem allgemenge Präisverfall uechtert d'Welt, deem seng Konsequenzen nach vill méi dramatesch wiere wéi déi vun der Finanz- a Wirtschaftskris, där hir Parametere mir bis elo kennen.

D'Previsioune vun deenen, déi sech mat der Entwécklung vun der Lëtzebuerger Wirtschaft beschäftegen, hu sech am Laf vun deene leschte Méint drastesch no ënne korrigéiert. Am Mee huet de Statec e Wuesstem vu 4% fir 2009 prognostizéiert. Dës Zuel war d'Grondlag vun der Regierung hirer Virbereedungsaarbecht vum Budget.

Wéi se hire Projet den 1. Oktober virgeluecht huet, huet se virsiichtegerweis an deem Moment mat engem Wuesstem vun 3% gerechent. Eng méi niddreg Aschätzung, wéi de Statec hir mat op de Wee ginn huet. Eng wirtschaftlech Entwécklung vun 3%, e Wuesstem vum Aarbechtsmaart vun 2,7% an eng Inflatioun vun net méi wéi 2,4%: Dat waren d'Eckdaten, op déi d'Basis vum Budgetsprojet vu 2009 opgestallt gouf.

Ech ka mech nach ganz gutt drun erënneren, dass ech am Numm vun der CSV-Fraktioun den 1. Oktober an och e puer Deeg duerno op der Rentrées-Pressekonferenz vu menger Fraktioun drop higewisen hunn, dass et sech ëm e voluntaristesch opgestallte Budget géif dréinen, deen nëmme kéint opgoen, wann dës grondleeënd Parametere sech och géife realiséieren.

Vun Ufank Oktober u goung et allerdéngs stramm biergof mat de Previsiounen. FMI, Kommissioun, OECD an och Statec hu bis elo - an zwar bis gëschter eran - hir Estimatioun vun der Lëtzebuerger Wirtschaftsentwécklung op 1% erofgeschrauft; dunn an eng Forschett tëschent - 05 a + 05%. Dat ass kee Wuesstem méi.

De Statsminister huet op dëser Tribün de leschte Mëttwoch d'Wuert ausgeschwat, wat esou eng Entwécklung géif charakteriséieren, wa se sollt antrieden: Et ass eng Rezessioun. Et éiert de Statsminister, dass hien ouni ze blimmelen oder ze verschéineren d'Realitéit vun der Situatioun an hir Erausfuerderungen uschwätzt, och wann dat sechs Méint viru Wahlen ass, och wa sech d'Noutwendegkeet géif erweisen, an deene sechs Méint géigenzesteieren, wann et sech deemno esou géif entwéckelen.

Zu de schlechten Entwécklungsprognose kënnt derbäi, dass mer eis wahrscheinlech mussen drop astellen, dass den Aarbechtsmaart 2009 net esou wiisst wéi mer et gären hätten an dass de Chômage zu Lëtzebuerg ëm e puer 1.000 Leit an d'Luucht kéint goen. Dat bedeit zousätzlech Belaaschtunge fir de Budget, manner Recetten, wann et esou kënnt.

Dat eenzegt vun deenen dräi Parameteren, wat zurzäit d'Strooss hält - iwwregens d'Suergekand vu viru sechs Méint -, ass d'Inflatioun. Déi huet sech zurzäit ëm 2% agependelt mat eventuell, jee nodeem wéi d'Pëtrolspräisser sech wäerten entwéckelen, enger weiderer Tendenz no ënnen.

D'Wirtschaftsperspektive fir 2009 sinn elo esou, dass mer eigentlech net wëssen, wéi se sinn. Mir wëssen et net fir 2009 a mir wëssen et scho guer net doriwwer eraus. All Projektiounen, déi am Moment fir 2010, '11, '12 gemaach sinn, muss ee wuel beschtefalls als gutt gemengt Previsioune betruechten. Tatsaach ass - an ech widderhuelen hei nees dat, wat de Statsminister d'lescht Woch sot -, dass mer net gesinn, wéi dat soll d'nächst Joer goen.

E puer Saache wësse mer allerdéngs. Mir wëssen, an zwar net säit gëschter, dass mer zu Lëtzebuerg 4% Wuesstem brauchen, fir de laangfristege Finanzement vun eise Pensiounen an eiser Sécurité sociale ze assuréieren. Mir wëssen, dass et zu Lëtzebuerg eng statistesch Wourecht gëtt, no där de Chômage eréischt beim selwechte Wuesstem net klëmmt. A mir wëssen, dass mer déi 4% dëst Joer net wäerte kréien - well et wäerte grad emol 2% Croissance nach ginn, wat ganz gutt ass am europäeschen Ëmfeld -, dass mer se d'nächst Joer net wäerten erreechen an dass just e Wonner eis kéint derzou bréngen, 2010 dohinner ze kommen. Hannendru wëllen ze kucken, schéngt mer an dësen Zäiten e surrealisteschen Exercice.

All dës Parametere sinn am Fong dozou gëeegent, fir driwwer nozedenken, ob de Budget fir 2009, esou wéi e virgeluecht gouf, kann opgoen. Doriwwer nodenken ass u sech näischt Schlechtes. An dat hu mer och gemaach an deenen eenzelne Fraktiounen an och an där zoustänneger Chamberskommissioun.

Mir sinn all zesummen - all d'Fraktiounen an der Chamber an där zoustänneger Kommissioun, souwäit se da vertruede waren - zum Resultat komm, dass mer beschloss hunn, keng Ännerungen zu dësem Moment virzehuelen. Mir wëssen net, wéi d'Recettë vum Stat sech wäerten am Laf vun deenen nächste Méint duerstellen. Mir wëssen net, ob an a wat fir engem Mooss eng weider Verschlechterung vun der Ekonomie an domat um Aarbechtsmaart asetzt. A mir wëssen net, wat déi steierlech a budgetär Konsequenzen dovunner sinn, wann et esou kënnt, wéi verschidde Leit dat mengen. Ënner esou Ëmstänn kann an däerf een de Budget fir 2009 an eisen Aen net änneren.

Dass e wuel mat engem Defizit ofschléisst, ass ze erwaarden. Mä dat ass u sech weder en Drama nach e Grond, fir en op d'Kopp ze geheien. Et ass ze vill dran, wat mir brauchen, fir dass d'Wirtschaft an d'Haushalter stabil kënne plangen. An e beinhalt a mengen Aen an an den Ae vu menger Fraktioun bal alles, wat een an enger klenger, bal exklusiv no baussen ugeluechter Wirtschaft a schwieregen Zäite ka maachen, fir positiv op d'Situatioun kënnen anzewierken.

De Budget fir 2009 ass esou konzipéiert, dass e virun allem zwee Ziler verfollegt: Éischtens stäerkt en d'Kafkraaft vun de Leit iwwer steierlech Mechanismen an deenen hir Verlängerung um Niveau vu Steierkreditter; an zweetens comportéiert en en enorme Volumen u Mëttelen, déi an d'öffentlech Investitioune solle fléissen an déi esou direkt derzou ugedoe sinn, d'Wirtschaft zu Lëtzebuerg ze stäipen.

Dat sinn Akzenter, déi an enger Zäit wéi där heiter wichteg sinn. Si sinn eigentlech onverzichtbar, wann ee wëllt verhënneren, dass déi wirtschaftlech Kris nach méi déif an nach méi breet gëtt wéi dat souwisou de Fall schonn ass. D'Viraussetzung a gläichzäiteg awer och d'Limite dovun ass, dass ee se ka setzen als natierlech Belaaschtbarkeet vum Budget an den öffentleche Finanzen an enger mëttelfristeger Perspektiv.

Grad elo stellt sech op eng beandrockend Aart a Weis eraus, wéi richteg et war, an deene besseren Zäiten d'Finanze vum Stat net aus dem Rudder lafen ze loossen. Ech erënneren un d'Diskussiounen, déi mer am Hiersecht 2005 hei an der Chamber haten, wou mer vun enger Rei vu Säiten opgefuerdert gi sinn, nach méi aus der Keess eraus ze ginn.

An d'Géigesteierung, déi mer deemools als Parlament, an och an der Tripartite eis Regierung, mat de Sozialpartner fäerdeg bruecht hunn, fir eis Richtung 2009 Maastricht-konform an eng Situatioun ze setzen, dass, wann eng Kris géif asetzen, mer d'Méiglechkeeten hätten, op d'mannst op finanzpolitescher Aart a Weis, do dergéint ze steieren.

Antizyklesch Politik huet jo zwee Aspekter. Si fënnt statt zu zwee Momenter, déi ganz verschidde Charakteren hunn. An héich konjunkturelle Periode muss Mooss gehale ginn a Reserven ugeluecht ginn. Dat kënnt meeschtens net besonnesch gutt un, speziell dann net, wann et net ee Joer esou geet, mä e puer Joer hannereneen.

Mir erënneren eis alleguerte ganz gutt un d'Zäiten, wou op gewëssene Plazen d'Meenung ausgedréckt gouf, dass de Stat elo emol sollt de Krunn wäit opdréinen, well en um Geld vun de Leit géif sëtzen. Fréier oder spéider - an déi lescht Méint hunn eis et gewisen - kommen dann nees aner Zäiten, déif konjunkturell Perioden, an dësem konkrete Fall d'Krisejoer 2009. Da kann aus deem Krunn just dat erauslafen, wat een net virdru scho verbraucht huet.

A manner gudden Zäite muss dee Krunn kënnen opgedréint ginn, fir dass d'Bierger an d'Betriber zousätzlech Mëttelen an d'Hand kréien, fir d'Rad vun der Ekonomie dréien ze loossen. Nëmmen da kann den Ofschwong opgefaange ginn. A genee dat probéiere mer mam Budget fir 2009 hinzekréien. Et gëtt iwwregens jo och vu Sozialpartner a vu Betriber gefrot.

Wat den Detail vun de budgetären Ausriichtunge fir dat nächst Joer ubelaangt, wëll ech net widderhuelen, wat hei scho gesot gouf. De Budgetsrapporteur huet et ausféierlech skizzéiert. De Finanz- an de Budgetsminister hunn et nach eng Kéier aus der Perspektiv vun den Auteure vum Budget explizéiert.

Et ass e Budget vum verstännege Wuesstem, vun den Ausgaben, déi prioritär duer orientéiert ginn, wou se am néidegste gebraucht ginn: op d'Dépensen a wichtegen Domäner fir d'Zukunft vun eisem Land a senger Wirtschaft. Domat mengen ech: Schoul an Héichschoul; Fuerschung; Vereenbarkeet vu Famill a Beruff; soziale Wunnengsbau; öffentlechen Transport; Stroossen a Verbindungen, déi mer brauchen, fir erreechbar ze bleiwen.

Ech wäert Deeler vun deem dote behandelen. Dräi vu menge Kolleegen aus der Fraktioun wäerten op eenzel Aspekter agoen: de Lucien Thiel op den Aspekt vun der Finanzkris an de méigleche Léisungsusätz fir eis Finanzwelt; de Lucien Clement op d'Situatioun vun de mëttelstännege Betriber an der Kafkraaft, an de Laurent Mosar iwwert den demographesche Wandel a Pensiounen, Implikatioun vun de Gemengen an d'gesamt Wirtschaft eran.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, wa mer d'Eckdate vum Budget fir 2009 betruechten, da stelle mer fest, dass et ee fir normal Zäite völleg normale Budget wier. Just sinn d'Zäiten net méi esou normal, an deen normale Budget, deen am Summer 2008 fir d'nächst Joer opgestallt gouf, riskéiert an der Anomalie vun der Zäit, an där mer eis befannen, aneschters iwwert d'Bühn ze goe wéi dat geduecht war.

De Plang war, dass de Budget 2009 sollt an engem liichten Iwwerschoss vun 13 Milliounen ofschléissen. Dat nodeem en am Volume par rapport zum Laf vun de Joren ëm 7% géif steigen, wat an Zäite vun 3 bis 4% Inflatioun eng absolut verstänneg Progressioun duerstellt. D'Inflatioun, wéi et haut ausgesäit, wäert sech éischter bei ënner 2% am nächste Joer situéieren, also ronn 1% ënnert deem, wat an der Budgetsplanung zugronn louch.

Déi Steigerung vum Budgetsvolume, déi virgesinn ass, reflektéiert esou vill méi haut d'Noutwendegkeet vun héijen Investissementer wéi eng Progressioun am Aklang mat der erwaarter Inflatioun. Den Équiliber vun de Statsfinanzen ass am Budgetsprojet 2009 gewährleescht, och wann den Zentralstat selwer defizitär bleift.

De globalen Iwwerschoss gëtt weider wéi déi lescht Jore vun der sozialer Sécherheet bestridden. Déi soll 2,7% vum PIB excédentaire sinn. Ob dat geléngt, hänkt natierlech an erhieflechem Mooss vun der Dynamik vum Aarbechtsmaart of. Tatsaach ass, soulaang Aarbechtsplaze bäikommen, soulaang also netto keen Aarbechtsplazofbau stattfënnt, gëtt de kuerzfristegen Excédent vun der sozialer Sécherheet net a Fro gestallt.

D'Previsioune fir dat nächst Joer, déi méi rezent, gi vun enger méi liichter, bis haut awer nach reeller Expansioun vum Aarbechtsmaart aus. Deemno wäert sech d'Zeeche virun der Bilanzzuel vun der Sécurité sociale net vun engem Plus an e Minus dréinen. D'Zuel selwer kann natierlech méi oder manner wäit ënnert deene viséierten 2,7% leien, a Fonctioun vun der Evolutioun, déi mer d'nächst Joer wäerte kennen.

De Gesamtstat soll en Iwwerschoss vun engem gudde Prozentpunkt am Joer 2009 virweisen. Elo musse mer dovun ausgoen, dass, wa souwuel d'Zuele vum Zentralstat wéi och déi vun der sozialer Sécherheet ënnert deenen uviséierte leien, et näischt mat dem gesamtstaatlechen Iwwerschoss gëtt. Mir kënnen awer an dësem Moment deen Ausfall net prezis berechnen, well mer net am Detail gesinn, wéi d'Joer 2009 sech wäert bei Steieren, Aarbechtsplazen a Cotisatiounen artikuléieren.

Mir hunn, an ech mengen, dass dat wichteg ass, Sputt fir d'Exekutioun vum Budget 2009. Zwëschent engem gesamtstaatlechen Iwwerschoss vun engem Punkt an engem an der Logik vum Eurostabilitéitspakt maximalen Defizit vun 3% leie véier Punkt PIB. Dat sinn, a Geld ausgedréckt, annerhallef Milliarden Euro. Mir missten deemno an der Exekutioun vum Budget annerhallef Milliarde Fehlbetrag hunn, fir un d'Grenz vun der europäescher Zoulässegkeet ze kommen. Dat ass eng substanziell Zomm. Dat wier esou, wéi wann am nächste Joer iwwerhaapt keng Kollektivitéitssteier géif erakommen. Et schéngt vun haut aus gekuckt net wahrscheinlech, dass esou e Fall am Joer 2009 géif antrieden.

Dass et awer en Defizit gëtt, zentralstaatlech a gesamtstaatlech, musse mer unhuelen. D'Defizitwahrscheinlechkeet gëtt doduerch verstäerkt, dass mer wëllen, neen, dass mer mussen un där ganz ambitiéiser Investissementspolitik festhalen, déi fir d'nächst Joer virgesinn ass. Alles an allem soll ronn eng dräi Véierel Milliard an öffentlech Investissementer fléissen. Ganz dovun ofgesinn, dass mer déi Projeten objektiv brauchen - Telekommunikatioun, Schinnen, Stroossen, Schoulen, Opfangstrukturen an esou weider -, stellen d'Investitioune vum Stat eng besonnesch relevant Fördermoossnam fir eis Lëtzebuerger Betriber duer.

Meng Fraktioun begréisst an deem Kontext ausdrécklech de Wëlle vun der Regierung, all Méiglechkeeten auszeloten, fir Projete méi séier, esou séier wéi méiglech un d'Goen ze kréien an entspriechend och méi séier virunzekommen. Esou kréien d'Betriber déi Opträg erbäi, déi se brauchen, fir d'Leit kënnen a Beschäftegung ze halen, a selwer iwwert déi Duuschtstreck ze kommen, déi virun eis läit.

Am nächste Joer, Dir Dammen an Hären, ass en Investitiounsvolume virgesinn, dee 4,5% vun eiser Wirtschaftsleeschtung ausmécht: 1,75 Milliarden Euro, déi mer am Géigesaz zum vergaangene Joer net wëllen oder net kënne strecken a manner séier engagéieren, wa sech Enkpäss géife bilden, mä déi mer am Géigendeel wëlle ganz ausschäffen, wann et geet, an hir Platzéierung beschleunegen. Dat ass en aneren Ëmgang mat den Investissementer wéi bis elo.

An et bedeit nach eppes. Et bedeit, dass d'Avoiren an den Investitiounsfongen am Laf vum Joer 2009 wäerten ufänken, zimlech séier ze schmëlzen. Si wäerte schmëlzen, ouni dass mer kënnen op d'Plus-valuen aus dem lafende Joer zréckgräifen, fir dat Schmëlzen opzefänken. Am Joer 2010 riskéiere mer esou, dass eng Partie vun de Fongen zimlech un d'Grenz vun deem kommen, wat mat reguläre Budgetsdotatioune méiglech ass. Fir déi mëttelfristeg Investissementsplanung ass et e Parameter, deen een a senger Wichtegkeet net däerf ënnerschätzen.

Zu de Steieren an de Steierrecettë muss een de Moment ganz einfach soen, dass et exzessiv schwiereg ass, iwwer en Dag eraus kloer ze gesinn. Mir hu Grond unzehuelen, dass d'Berechnunge fir 2009 virsiichteg Berechnunge waren, ausser vläicht bei der Taxe d'abonnement, wou awer déi relativ gutt Tenue vun der Lëtzebuerger Bourse, wat eng zimlech reguléiert Bourse ass, undeit, dass net alles muss d'nächst Joer schlecht ausgesinn.

Bei den direkte Steiere klëmmt d'Lounsteier soulaang wéi den Aarbechtsmaart expandéiert, an dat misst dee maachen, wann och vläicht manner wéi geplangt. D'Kollektivitéitssteier wäert d'Joer 2009 zimlech onbeschuet iwwerstoen, well dat eng Steier ass, déi mat Verzoch op Verännerunge vun hirer Bemiessungsgrondlag reagéiert. D'Konsumsteieren hirersäits sinn héich ugesat. Mä iwwert déi steierlech Mechanismen, déi an den nächste Budget agepaakt gi sinn, wëlle mer jo grad just den interne Konsum op engem héijen Niveau hale respektiv en do hiewen.

Alles an allem hunn ech d'Gefill, dass d'Zäit eleng eis wäert soen, wéi mer mat de geplangte Steierrecetten duerch dat nächst Joer wäerte kommen. Selbstverständlech wäert d'Regierung, an datselwecht gëllt fir d'Chamber, als iwwerwaachend Institutioun net ronderëm kommen, d'Exekutioun vum Budget 2009 enger minutiéiser Beobachtung ze ënnerzéien, fir dass mer zesumme kënne reagéieren, wa misst reagéiert ginn.

Vun der Exekutioun vum nächste Budget hänkt villes of. Duerfir wëll ech mech virun allem nach e bësse mat Phenomeener beschäftegen, déi dëst wäerte konditionéieren. Well eent ass sécher: Vun dëser Exekutioun hänkt et of, wou mer finanziell um Enn vum nächste Joer stinn.

Do virdrun awer nach vläicht deen een oder deen aneren Aspekt iwwert d'Aart a Weis, wéi an deene leschten Deeg mam Budget ëmgaangen ass. Ech mengen, et hëlleft net, et hëlleft guer net, mat ville Pressekonferenzen an ouni konsequent Participatioun un der parlamentarescher Aarbecht iwwer Sënn an Onsënn vun der aktueller Wirtschaftslag ze kommunizéieren.

Et ass dach iwwerhaapt am Fong e remarquabele Virgang, dass ee mengt, alles an der Press iwwert de Budget zielen ze missen, wat een esou ze soen huet, ier mer hei am Haus an der Budgetsdebatt beienee kommen!

Dat ass a mengen Ae rengen Zirkus. Dat ass ëmsou méi Zirkus, wann een an dësen an no dëse Pressekonferenzen an de Medië ganz couragéiert Aussoen zum Budget héiert, déi een an enger Dose Sitzunge vun der Finanzkommissioun ni zu Ouere krut.

Wa mir selwer weiderfueren als Chamber, eis an d'Chamber net seriö ze huelen, da froen ech mech, ob et net am Fong besser wär, mir géifen d'Budgetsdebatt hei am Haus komplett aneschters organiséieren: Mir loossen de Rapporteur säi Rapport virdroen, mir loossen d'Regierung dorobber äntwerten. Mir convoquéieren dräi bis véier Pressekonferenzen, eng pro Fraktioun, a mir kommen dann heihin zum Ofstëmmen iwwert de Budget.

Meng Fraktioun an ech selwer hunn de Besoin net verspiert - wat mer d'ailleurs och an de Medië virgeworf gëtt -, fir Pressekonferenzen zu deem Sujet an deene leschte Wochen ofzehalen. Mir sinn a mir bleiwen der Meenung, dass d'Plaz fir déi politesch Ausenanersetzung iwwert de Budget d'Chamber ass. Wann een awer muss feststellen, dass dat net méi esou ass, dass d'Chamber déi Roll net méi spillt, dass d'Parlament sech selwer mengt nëmmen nach an de Medië missen ze artikuléieren, widdersetze mir an eis Fraktioun eis net dergéint, fir d'internt Reglement vun der Chamber an deem Mooss ëmzeänneren. Just hei fir d'Galerie ze diskutéieren, ouni dass et nach e reelle politeschen Input huet, gëtt engem ze iwwerleeën.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat kann 2009 op eis duerkommen, wat de Budget mat sengen Elementer kéint aus dem Gläichgewiicht werfen, net nëmmen de Budget, mä och den Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft an d'Aart a Weis, wéi mer zu Lëtzebuerg mateneen ëmginn?

Et sinn d'Auswierkunge vun der Finanz- a Wirtschaftskris, déi eis kënnen d'Liewe wesentlech méi schwéier maachen, wéi mer dat an deene leschte Jore gewinnt waren. Mir sti virun enger Zäit mat manner Wuesstem a manner Aarbechtsplazen. Doraus ergi sech Konsequenzen.

Den Haaptproblem, dee mer 2009 wäerte missen an d'A faassen, wann déi aktuell Previsiounen zoutreffen, ass d'Aarbechtslosegkeet. Sollt et zu engem Ustieg op 7% oder méi kommen, wéi mer dat an deene leschten Deeg prognostizéiert kruten, da bedeit dat an absoluten Zuelen, dass mer 6.000, 7.000, 8.000 Leit méi an der Aarbechtslosegkeet hu wéi haut. Deemno wieren da 16, 17, 18.000 Leit zu Lëtzebuerg ouni Aarbecht. An hir Perspektiven, fir kuerzfristeg eng nei Plaz ze fannen, wieren net roseg. Well net nëmme ginn an esou enger Situatioun objektiv vill manner nei Plaze geschaf, mä et ginn der reell och ofgebaut.

D'Ufuerderungen un d'Demandeurs d'emploi steigen dann nach weider, a besonnesch déi manner qualifizéiert Leit um Aarbechtsmaart oder am Chômage kréien et nach méi schwéier, fir sech berufflech nei ze orientéieren. Et ass eng Situatioun, wéi mer se zu Lëtzebuerg an deem Mooss laang net méi kannt hunn.

Esou eng Situatioun bedeit awer net nëmme ganz problematesch Aschnëtter an d'Liewenswierklechkeet vun deene betraffene Leit. Si bedeit och, dass déi Instrumenter, mat deene mer d'Aarbechtslosegkeet versichen ze bekämpfen a mat deene mer se finanzéieren, erheblech méi staark wäerte belaascht gi wéi haut.

Esou musse mer wëssen, dass de Chômagefong, aus deem d'Indemnitéite vun de Leit am Chômage bezuelt ginn, an de Joren 2008 an 2009 reell a geplangten Dépensë vu ronn 400 Milliounen Euro ausweist. Mat 7% Chômage an dausende méi Leit, deenen hir Indemnitéit misst bezuelt ginn, riskéieren d'Ausgabe vum Fong ëm 250 bis 300 Milliounen Euro ze klammen. Déi mussen dann aus dem Budget bestridde ginn, well de Fong vum Budget gespeist gëtt.

Déi zousätzlech Ausgabe vum Beschäftegungsfong sinn elo nach net virauszegesinn. Mir mussen eis deemno drop virbereeden, dass am Laf vum nächste Joer, wann et esou kënnt, wéi mer et prophezeit kréien, dem Fong musse weider Mëttel zougefouert ginn, déi onweigerlech am Équiliber vum Budget hiert Gewiicht wäerten hunn.

De Beschäftegungsfong ass awer a Saache Chômagebekämpfung net alles. Och d'ADEM, där hir Aufgab et ass, d'Leit ze erfaassen, déi eng Aarbecht sichen, a se no Méiglechkeet an eng Aarbecht ze vermëttelen, hätt bei e puer dausend Chômeure méi mat drastesch aneren Erausfuerderungen ze kämpfen.

Ech beliichten dat net elo bis an all Eck eran. Mä ech wëll soen, dass et fir d'ADEM wuel nach méi schwéier wäert ginn an deem Zeenario, fir Leit ze placéieren. Hoffe mer, dass am Verlaf vun deenen nächste Méint d'Zesummenaarbecht tëschent hir a virun allem de Betriber sech positiv weiderentwéckelt a sech kontinuéierlech verbessert. Nëmmen an esou enger Configuratioun kann d'Aarbechtsamt iwwerhaapt an d'Lag versat ginn, am nächste Joer senger Aufgab nozekommen.

Elo hunn ech vun Zuelen a budgetären an administrativen Erausfuerderunge geschwat. Do hannendru leie Schicksaler vun de Leit, déi vun Aarbechtslosegkeet betraff ginn - där finanzieller, där logementsrelevanter, där mënschlecher. Fir all déi Leit, déi hir Aarbecht géife verléieren, bedeit dat en Abroch an hir Liewensplanung, wéi se sech se virgestallt hunn. Et bedeit, dass se zum Deel Marginaliséierung an der Gesellschaft riskéieren. Et bedeit, dass se ënner Ëmstänn Aarmut riskéieren, wa se net an d'Beschäftegung zréckfannen.

An dat bedeit fir eis Gesellschaft, wat eng ganz kleng Gesellschaft ass, dass den Zesummenhalt, d'Kohesioun op eng echt Prouf gestallt ginn. Domat muss d'Politik, domat mussen awer och d'Sozialpartner sech au fur et à mesure beschäftegen, wa se gesinn, wéi d'Lag sech entwéckelt.

Mir stinn all an der Flicht, déi Matbierger, déi elo keng Aarbecht hunn a keng kréien, an déi, déi an den nächste Méint vläicht hir Aarbecht verléieren an net esou séier eng nei Schaff fannen, net am Ree stoen ze loossen. Si brauchen d'Ënnerstëtzung vun der Politik a vun der Sozialpartnerschaft méi néideg wéi jee.

Dës Politik ass net esou muechtlos a virun allem net esou ontäteg, wéi gewësse Leit dat mengen. D'Regierung a besonnesch den Aarbechtsminister bedreiwen zënter Joren eng voluntaristesch Politik fir Beschäftegung. An zwar op ville Fronten.

Beschäftegungspolitik wierkt beim Schafe vun neie Plazen, beim Encouragement vun der Wirtschaft, fir Chômeuren anzestellen, bei der Zesummenaarbecht mat Betriber a Sozialpartner, bei ville Formatiouns- a Réinsertiounsinitiativen, déi mer an eisem Chômagebekämpfungsarsenal hunn.

Mä all dat wierkt ouni Wuesstem net esou, wéi et misst. All dat gräift ouni Optimismus, Vertrauen an Zouversiicht an d'Wirtschaft net esou, wéi mer et gären hätten. A Wuesstem an Optimismus si rar Gidder an enger Zäit, an där haut scho ronn 50 Betriber Kuerzaarbecht ugemellt hunn.

Dëst ass eng Situatioun, Dir Dammen an Dir Hären, wou Betriber op besonnesch intensiv Manéier virun hir sozial Verantwortung gestallt ginn. D'Betriber existéieren a mengen Aen net fir sech selwer a just fir de Gewënn vu Patronen an Aktionären. Si existéieren och fir d'Leit, fir d'Gesellschaft, fir dass déi Gidder produzéiert an déi Servicer ugebuede ginn, déi d'Mënschen an hirer sozialer Organisatioun brauchen.

Si existéieren och, fir dass hir Mataarbechter iwwer hir Aarbecht a Beschäftegung Dignitéit an Erfëllung an der Gesellschaft fannen. Ech hoffen, dass et net wäert esou sinn, dass Betriber vun der Kris profitéieren, fir op relativ onverfänglech Manéier Mataarbechter op d'Strooss ze setzen. Leider schéngt et awer do där enger an och där anerer ze ginn.

Et gëtt déi, an där kenne mer, déi zwar Kuerzaarbecht ufroen an och accordéiert kréien a kruten, well se objektiv Grënn hunn, awer d'Gestioun vun hirem Problem an Zesummenaarbecht mat de Personalvertrieder maachen an och zesumme mat hinnen déi Décisiounen huelen, déi sech imposéieren.

An da gëtt et déi, déi no knapps zwee Méint Kris prophylaktesch schonn emol ukënnegen, si misste Leit entloossen. Vill Leit an eenzelne Fäll. Déi Fäll, an dat ass eng Erausfuerderung vun der Politik, musse mer an deenen nächste Méint prezis ënnert d'Lupp huelen, fir ze verhënneren, dass sech eng Dynamik vu Plazenofbau astellt, just well d'Konjunktur fir esou eng Démarche gënschteg erschéngt.

Ee Fall ass a mengen Aen e besonnesch graven. E groussen traditionelle Lëtzebuerger Industriebetrib, deen am drëtten Trimester 2008 nach 8,6 Milliarden Dollar Ëmsaz an 3,8 Milliarde Benefiss gemaach huet - e gutt Stéck méi iwwregens wéi am selwechten Zäitraum vum Joer 2007 -, beschléisst dann elo, dass en eng Milliard Dollar a sougenannten net produktiven Domäner vu senger Aktivitéit muss spueren. Duerfir sollen 9.000 Leit, dat sinn der bal esou vill wéi der zu Lëtzebuerg keng Aarbecht hunn, entlooss ginn.

Et freet sech dach, ob d'Politik esou eng Haltung ouni Weideres kann hinhuelen. 9.000 Mënsche sinn 9.000 Mënschen, produktiv oder net. E Betrib mat iwwer 300.000 Mataarbechter brauch och eng Verwaltung, dofir sinn d'Leit agestallt.

De franséische Statssekretär fir d'Beschäftegung huet gesot: «On ne laissera pas faire n'importe quoi.» Hien huet a mengen Ae Recht.

Wann e grousse Betrib an dauerhaft eescht Schwieregkeete kënnt, muss en handelen. Da kann et sinn, dass Leit mussen entlooss ginn, fir dass net iergendeng Kéier d'Faillite vum Betrib jiddwereen op d'Strooss setzt. Dat ass haart fir déi, déi et trëfft, mä virun der Perspektiv vum Dépôt vum Bilan kann et sinn, dass keng aner Alternativ fir e Betrib besteet.

Dat ass awer a mengen Aen net de Fall, wann amplaz zéng Milliarden Dollar Benefiss der just nach néng, aacht oder siwe sollen erwirtschaft ginn. Dann ouni Nout Leit ze entloossen, ass a mengen Aen en Akt vu Rücksichtslosegkeet. Et ass de Versuch, eng „Hire-and-fire-Politik" à l'américaine bei eis an Europa duerchzesetzen.

Et ass och en Akt vu Verantwortungslosegkeet. Eng Zort vu Verantwortungslosegkeet, déi net op Lëtzebuerg a bei Lëtzebuerg passt, déi net an de Lëtzebuerger Modell vu Sozialpartnerschaft a sozialer Responsabilitéit vun der Ekonomie passt. An et passt virun allem net an eng Zäit eran, wou déi, déi nach Sputt hunn, déi nach Benefisser weider schreiwen, déi sollen notzen, fir d'Effetë vun der Kris ofzefiederen. Besonnesch dann, wann ee während Jorzéngten ëmmer erëm vum Stat an domat vun de Leit ënnert d'Äerm gegraff krut. Wa genee déi Acteure vun der Wirtschaft d'Kris um Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg, an Europa an och doriwwer eraus nach verschäerfen, da packt d'Politik eleng d'Gestioun vu méi schwéieren Zäiten net méi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen awer, dass e grousse budgetäre Problem eréischt e gutt Stéck méi spéit wäert op eis duerkommen. 2009 kënne mer an den Defizit geroden, mä mir hunn e Stéck Sputt am Kader vun der flexibeler Uwendung vum europäesche Stabilitéitspakt a Krisenzäiten a vum Stabilitéitspakt u sech an opgrond vun der Politik, wéi mer se zu Lëtzebuerg an deene leschte Jore bedriwwen hunn.

Ech hunn et ufanks scho gesot: Bis mer 3% Defizit am Gesamtstat géifen erreechen, missten eis annerhallef Milliard geplangte Recetten ewechfalen. E puer honnert Milliounen Defizit eng Kéier si keen Drama.

Deen eigentleche Problem kéim dann, wa mer fir de Budget 2010, vläicht och 2011 géife mierken, dass déi steierlech Nowéien aus dem Joer 2008 an 2009 esou wieren, dass mer misste spierbar Aschneidunge virhuelen. Op Dauer kënne mer eis massiv Defiziter nämlech net leeschten. Si géife besonnesch déi finanziell Bewegungsraim vum Stat fir d'Zukunft op onzoumuttbar Aart a Weis aschränken.

Et ass denkbar, dass d'Budgete fir 2010 an 2011 wesentlech méi komplizéiert gi wéi dee vun 2009. Nach hu mer Iwwerhäng aus gudde Joren, nach konnte mer d'Investitiounsfonge mat Mehreinnahmen norëschten, nach kënne mer bei den öffentlechen Investitiounen aus dem Volle schäffen an d'Kafkraaft vun de Leit steigeren. Dat ass an enger mëttelfristeger Perspektiv an engem klenge Land awer net méiglech. Et geet souwisou nëmme gutt, wann net op eemol de Stat misst déi eng oder déi aner riseg Zousazdépense tätegen, wéi mer dat an deene leschte Wochen zum Deel scho kannt hunn.

Emol virausgesat, dat wier net néideg, da komme mer Enn 2009 nawell an eng Situatioun, wou d'Fonge manner räich agedeckt ginn a wou de steierleche Spillraum zugonschte vu Betriber a Bierger méi enk gëtt. Dorop musse mer eis virbereeden.

Dat Joer, wat virun eis läit, wäert keen einfacht Joer ginn. Mä et gëtt net fir eis eleng net einfach. All Länner uechtert d'Welt, ouni Ausnahm, deenen hir Ekonomien an déi global Stréim vun Handel a Kapital agebonne sinn, fanne sech an ähnleche Situatiounen erëm. Verschiddener vun hinne kréien et nach vill méi schwéier wéi mir, well hir Ausgangspositioun manner gutt ass. Wann een d'Gestioun vun der aktueller Kris virum Hannergrond vu souwisou schonn héijen Defiziter, exorbitanter Statsverscholdung an erhieflechem Chômage ugeet, da verfügt een iwwer manner Handlungsspillraum, wéi mir zu Lëtzebuerg en hunn. Lëtzebuerg kann am Arsenal vun de politeschen Instrumenter - op deene budgetären - zur Bewältegung vun der Kris nach aus dem Volle schäffen.

Duerfir musse mer eis op eis Stäerkte besënnen an dat Bescht aus der Situatioun maachen. Mir hunn eng kompetitiv Wirtschaft, besonnesch bei den Déngschtleeschtungen. Mir hunn e Sozialmodell, deen an esou Zäite belaaschtbar ass an och villes droe kann. Mir hu jonk Leit, déi net esou schlecht ausgebilt sinn, wéi mer eis dat heiansdo selwer wëllen arieden, an déi am Regelfall méi Sprooche schwätze wéi déi Meescht vun eisen Noperen a vun eisen europäesche Partner. Dat sinn Atoutë vun engem Land an enger Zäit, wou mer musse resolut op dat bauen, wat mer anere viraus sinn, fir eis nach selwer kënnen ze verbesseren.

Et wäert wuel esou sinn, dass gréisser Länner an deenen nächste Méint wäerte versichen, deene méi klengen hiren Aktiounsradius anzeschränken. Do, wou jiddweree muss kucken, wou e bleift, do entsteet natierlech den Drang, fir sech selwer déi gréissten, déi schéinsten an déi beschte Stécker aus engem méi klenge Kuch erauszeschneiden. Do musse mer als Lëtzebuerg oppassen, dass mer gutt opgestallt sinn, fir och eist Stéck vun deem Kuch ze verdeedegen.

Mir hunn zu Lëtzebuerg an deene leschte Jore vill geschafft, fir d'Land fit ze maache fir d'Zukunft. Deen Effort muss virugoen. E muss virugoen an Domäner vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun, beim Erschléisse vun neien Nischen, beim Ausschäffe vun zousätzlechen Handlungsméiglechkeeten a moderne Wirtschaftssecteuren.

Mir sinn amgaangen Akzenter ze setzen an der Logistik, am Beräich vun der Kommunikatioun a vun der Dateniwwerdroung an an der Fuerschung. Mir wëlle resolut eis Schoul erneieren. Doraus ergi sech nei Aktivitéiten, op déi mer musse setzen. Dass mer dat kënnen, hu mer an der Vergaangenheet scho bewisen. Et kann op en Neits bewise ginn.

De Kapp an de Sand stieche bréngt näischt. Dat huet Lëtzebuerg och net gemaach, wéi d'Stolindustrie ufanks den 80er Jore lues awer sécher hir prédominant Roll an der Ekonomie agebéisst huet a mer aner Standbeen hu misse sichen. Mir hu se fonnt. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer se och an Zukunft wäerte fannen, wa mer eis bescht Kompetenze beienee wäerte bündelen.

Fir mat der Kris an deenen nächste Méint ëmzegoen, setze mer hei am Haus eng parlamentaresch Spezialkommissioun an. Dat ass en Exercice, deen an ähnlecher Form an den 80er Jore schonn eng Kéier gemaach gouf an deen och prinzipiell dee richtegen Usaz duerstellt. Mir musse just - a mir stinn an der Verantwortung - d'Aarbecht esou organiséieren, dass d'Chamber eng reell Plus-value zu den Aarbechte vun der Regierung an eventuell vun der Tripartite kann erbäiféieren.

D'Tripartite wäert sech vum Ufank vum nächste Joer u mat der Kris misse beschäftegen. Et wier gutt, a mir mussen et fäerdeg bréngen, dass d'Tripartite an d'Spezialkommissioun net laanschtenee schaffen, mä matenee schaffen, fir de richtegen Usaz an déi richteg Perspektiv ze fannen, fir gemeinsam Solutioune kënnen ze entwéckelen, fir d'Zukunft vun eisem Land ze gestalten.

Do kann ee sech virstellen, dass zum Beispill d'parlamentaresch Vertrieder an der Tripartite sollen derbäi sinn, no engem Statut, deen ee kann definéieren. Et kann ee sech awer och virstellen, dass de Comité de coordination tripartite als solchen der

Kommissioun seng Ureegungen zoudroe léisst, esou wéi et an den 80er Jore gemaach ginn ass.

Wéi gesot, et wier an eisen Ae wënschenswäert, wann déi zwou Enceintë géife koordinéiert virgoen, well et ass wichteg genuch, dass mer hei net auserneendriften an der Aschätzung vun de Léisungsproposen an dass mer eis och net duerch d'Noheet vun de Wahlen dovunner ofhale loossen, gemeinsam iwwert den Tellerrand ewech Solutiounen ze proposéieren.

Wa mer dat zesummeleeën, wat mer zesumme kënnen, da fanne mer och e Wee duerch dës Kris. A wa mer eis am Laf vun deenen nächsten a kommende Méint esou opstellen, wéi mer et zesumme kënne fäerdeg brëngen, da si mer och duerno gutt positionéiert, fir dass et nees biergop geet.

De Budget 2009, Dir Dammen an Dir Hären, ass an eisen Aen en éischte Schrëtt an déi Richtung.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Wolter. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Meisch fir d'DP-Fraktioun. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech net all de Wierder vu mengem Virriedner uschléissen. Ech ka mech awer deene Wierder uschléissen, déi hien iwwert de Budgetsrapporteur vun dësem Joer verluer huet, iwwert den Norbert Haupert, deen, wéi esou munch anere Budgetsrapporteur virun him, eng Fläissaarbecht gemaach huet a vill Äifer un den Dag geluecht huet, fir munch Iwwerleeung emol erëm eng Kéier aneschters ze formuléieren, munch Iwwerleeung och méi mat Distanz zur alldeeglecher Politik ze formuléieren, dee vill d'Ouer opgespaant huet hei am Haus, awer och doruechter, dobaussen am Land.

Et ass effektiv schued, datt d'Aktualitéit vun der leschter Woch deem Rapport net déi néideg Opmierksamkeet konnt iwwreg loossen. Dat soll awer elo net évitéieren, datt mer en hei diskutéieren, do, wou mer kënnen zoustëmmen, awer och da vläicht do, wou mir - déi eenzel Riedner hei - et vläicht aneschters geschriwwen hätten.

Op jidde Fall, Norbert Haupert, Félicitatioune fir déi Aarbecht als Budgetsrapporteur vum Budget 2009!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Ech wëll och soen, datt ech net d'Impressioun hunn, datt ech momentan hei géif fir d'Galerie schwätzen, esou wéi mäi Virriedner et gemengt huet. Ech hunn och net gemengt, datt hien hei géif fir d'Galerie schwätzen. Mir schwätzen heibannen am Haus, an der Chamber. Mir loossen eis awer och vu kengem aneren d'Wuert verbidden, wann et dorëms geet, dobaussen ze schwätze mat de Leit am Land. An dat mécht een nun eben emol iwwert de Wee vun der Press, well et leider schwéier ass, mat jiddwer Eenzelnen am Land kënnen ze diskutéieren iwwert d'Problemer, déi en huet, esou wéi mir se gesinn an esou wéi mir menge se da kënnen ze léisen.

Ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, datt mer bis ewell eng ganz Rei vun Initiativen déi lescht Woche geholl hunn, parlamentaresch Initiativen, fir grad an där Wirtschaftskris, an där mer dra sinn, als Fraktioun eis net heihinner ze setzen, zréckzelehnen an ze waarden, bis d'Regierung mat Propositioune kënnt, mä fir als Fraktioun heihinner ze kommen an en aktive Rôle ze spillen.

Duerfir hu mer déi Spezialkommissioun gefrot. Duerfir wollte mer och der Regierung eng Chance ginn, fir e Budget rectifié bis uganks d'nächst Joer kënnen opzestellen. Duerfir déi sëllechen Initiative vun eiser Fraktioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt war d'Bankekris, elo ass d'Wirtschaftskris. A béides ass verursaacht duerch eng déif gräifend Vertrauenskris. Et gëtt real Ursaache fir déi Vertrauenskris. Et ass fir d'alleréischt d'Iwwerbewäertung vun enger ganzer Rei vu Valeuren an d'Ënnerbewäertung vun enger ganzer Rei vu Risiken, déi derzou gefouert hunn, datt munches d'Ënnescht d'Iewescht gaangen ass déi lescht Méint.

Firwat ass et esou schlëmm komm? Firwat huet dat, wat oft wäit ewech vun hei seng Initialzündung hat, esou global Ausmoosse kritt an ass wéi eng grouss Well iwwert de Planéit an och iwwer Lëtzebuerg ewechkomm?

Et ass kee Vertraue méi do. Et ass kee Vertraue méi do tëschent de Banken; dat hu mer erlieft. Et ass kee Vertrauen do tëschent den Entreprisen; dat kenne mer. Et ass net onbedéngt Vertrauen tëschent dem Konsument an dem Produzent. An et gëtt mat Sécherheet och e Mangel u Vertrauen tëschent dem Bierger an der Politik.

Ee Beispill: D'Automobilindustrie ass jo net zesummegebrach oder huet net hir Produktioun misse stoppen, well mer alleguerten zesummen décidéiert hätten, an Zukunft just ze Fouss ze goen. Mir hunn och emol net eigentlech décidéiert, datt mer eis de Luxus net méi wëllen erlaben, all dräi Joer en neien Auto ze kafen, mä dat elo just all véier, all fënnef Joer ze maachen.

Neen, dat war et net. Mä d'Leit traue sech net. Si traue sech momentan net, gréisser Acquisitiounen ze maachen, en Haus ze kafen, ze renovéieren oder dann ebe sech en neien Auto unzeschafen. Si wëssen net, wat d'Zukunft konkret brëngt, wat se fir si perséinlech, privat fir d'Famill reservéiert huet. Duerfir si se virsiichteg a si sinn och emol heiansdo iwwervirsiichteg.

Einfach gutt zourieden, geet do mat Sécherheet net duer. Dat geet net duer vun der Politik. Dat geet net duer vun der Säit vun der Wëssenschaft. Et geet net duer vun der Säit vun den Entreprisen.

Fir neit Vertrauen ze schafen, dat brauch Zäit. Ech mengen och, datt et Kohärenz brauch tëschent deem, wat ee seet, an deem, wat ee mécht. An et brauch Éierlechkeet. Zäit; et muss ee wëssen, datt mer eréischt zwee Méint amgaange sinn. D'Auswierkunge maache sech ëmmer méi bemierkbar. Mir spiere se. D'Leit fänken u se ze spieren. A wéi vill Zäit datt mer hunn, fir richteg ze reagéieren, wësse mer eigentlech net.

U Kohärenz, fannen ech, datt et feelt. De Premierminister huet hei op dëser Plaz d'lescht Woch gesot, et misst een d'Wourecht soen, näischt wéi d'Wourecht. De Budgetsminister, de Luc Frieden, seet, datt de Budget op Vertrauen an op Zouversiicht géif baséieren. De President vun op d'mannst enger vun de Majoritéitsparteie seet awer, deeselwechte Luc Frieden wär en Zaubermeeschter a säi Budget géif net dem Prinzip vun der Véracitéit entspriechen.

(Interruption)

D'Auswierkunge vun der Kris gi gradesou ënnerschiddlech kommentéiert. Vu Verharmlosung bis vu Katastrophenzeenarien, déi eropbeschwuer ginn, alles war bis ewell ze héieren. D'Diskussioun, ob a wéini a fir wéi laang mer dann elo an enger Rezessioun sinn a wéini eng Rezessioun da Rezessioun däerf genannt ginn, huet Hiert zur Verwirrung bäigedroen.

D'Analys vum Jean-Claude Juncker mécht eis bestierzt - et kann ee se deelen -, datt mer momentan amgaange sinn, déi schlëmmste Wirtschaftskris zënter dem Ufank vun den 30er Jore vum leschte Jorhonnert ze erliewen. A mir wëssen, wat dat heescht, well mir haten zënterdeem eng Rei vu militäresche Krisen, soziale Krisen, Wirtschaftskrisen, déi mer ëmmer hu misse meeschteren.

Wa mer awer kucken, wat d'Reaktioun op deen doten Zeenario ass, da fält déi dach séier moer aus. De Budget bleift onveränert, esou wéi en am Summer ausgeschafft ginn ass, esou wéi en am fréien Hierscht hei déposéiert gouf. D'Politik leet éischter d'Hänn an de Schouss, virun allem, wann een dat mam Ausland vergläicht, wou awer keen Dag vergeet, ouni datt déi national Regierungen eng nei politesch Initiativ fir d'Stäipe vun der Ekonomie ukënnegen.

2009 wär also en Anti-Krise-Budget, ouni datt duerch d'Kris dorunner ee Jota geännert gi wär. Déi Opriff vum Premierminister, wou hien de Leit seet, si sollen dach wann ech gelift elo consomméieren, nëmmen esou géife mer aus der Situatioun erauskommen; déi Opriff och, fir de Leit ze soen an der Bankekris, d'Leit sollen hiert Geld bei de Banke stoe loossen; dat hëlleft net fir nei Zouversiicht ze schafen. Et kléngt éischter no Hëlleflosegkeet a ganz vill no Zweckoptimismus. Déi Inkohärenzen do, déi sinn et, déi kee Vertraue wuesse loosse bei de Bierger vun dësem Land. Vertrauen, dat mer awer esou dréngend bräichten.

Wa mer da kucken, awéiwäit mer bis ewell de Leit d'Wourecht gesot hunn, a mer dat net wëlle maachen, da muss ech nach eng Kéier drop zréckkommen, datt mer am Laf vun der leschter Woch hei eng Motioun als DP erabruecht hunn, fir e Budget rectifié virzeleeën. Deen hätt kënne méi Kloerheet brëngen an hätt villes aus dem Niwwel eraus an d'Liicht kënne stellen an de Leit kënne soen, wéi d'Statsfinanzen dann 2009 méi richteg wäerten ausgesinn a wat dat fir Konsequenzen hätt.

D'Regierung freet d'Chamber hei e Budget ze stëmmen, wou mer haut alleguerte scho wëssen, datt deen der Realitéit net wäert entspriechen. Wou mer haut alleguerte scho vill méi wäit sinn am Wëssensstand wéi dat, wat mer dee Moment woussten, wou dee Budget do opgestallt ginn ass.

An dann dorop ze verweisen, datt mer jo am Ufank vum nächste Joer e Stabilitéitsprogramm hei mussen diskutéieren, dat ass gutt. Dat geet awer net duer, well et ass nun eben emol e fundamentaalt Recht vun enger Chamber, fir der Regierung hire Budget ze autoriséieren. A wa mer hei e Budget stëmmen, wou mer elo scho wëssen, datt en net richteg ass, da gëtt déi Chamber hei eigentlech net méi fir eescht geholl. Si gëtt vun der Regierung net eescht geholl. Mä dës Chamber hëlt sech selwer net eescht, wa mer dee Budget do esou stëmmen.

De Projet vum Budget 2009 baséiert op enger Croissance vun 3%. E baséiert op enger Annahm, datt mer d'nächst Joer méi Aarbechtsplazen am Land hunn. E baséiert op der Prognos, datt de Chômage fir 2009 soll stabil bleiwen.

Nun, haut ginn d'Prognose fir d'Wirtschaftscroissance vun 2009 wäit auserneen. Emol eng Kéier e Minus vun 0,5% bis zu engem knappe Plus vun 0,5%. Aarbechtsplazen - dat héiere mer - ginn ofgebaut. An de Chômage soll 2009 an doriwwer eraus op fir Lëtzebuerg ni bekannten Héichte klammen. 2009: 6,5%.

Haut schonn hu mer Kuerzzäitaarbecht a ville Betriber. Vill Mënschen am Land sinn doduerch betraff. De Chômage wäert derzou féieren, datt mer méi Misär am Land hunn, datt d'Leit Angscht hunn hir Plaz ze verléieren. Et wäert perséinlech Schicksaler ginn. Mä mir wëssen awer och, datt dat eng Répercussioun op de Statsbudget huet. Well och dat doten, dat muss finanzéiert ginn.

De Budgetsminister, de Luc Frieden, seet an der „Revue": „Die durch Kurzarbeit und Arbeitslosenunterstützung entstandenen Mehrausgaben werden mittelfristig durch weniger laufende Ausgaben zu kompensieren sein." Ech liesen also do eraus, datt d'Solidaritéitssteier net soll eropgesat ginn, mä datt een op där anerer Säit duerch lafend Käschten, déi agespuert ginn, wëllt déi Méiausgabe kompenséieren. Et wär dann awer interessant ze wësse vum Budgetsminister, duerch wat fir eng Aspuerunge bei de lafenden Ausgaben dat doten da soll geschéien; wat fir e Montant datt do soll zesummekommen.

Éierlech sinn, dat heescht och, déi ganz Wourecht soen. Zu där ganzer Wourecht gehéiert och, datt Provisioune momentan bei de Banke gemaach ginn. Dat wäert derzou féieren - vläicht nach net esou staark 2009; mat Sécherheet méi staark nach 2010 an duerno -, datt mer manner Recetten iwwert d'Betribsbesteierung wäerten erakréien.

De Konsum an där Vertrauenskris, an där mer dra sinn, wäert net op deem Niveau bleiwen. Schwätzt emol eng Kéier mat de Garagisten. Schwätzt emol eng Kéier mat den Eenzelhändler. Dat heescht, datt mer net déi TVA wäerten erakréien, déi am Budgetsprojet virgesinn ass.

Zënter Enn September ass d'Welt nun emol eben eng aner. Ech verstinn, datt keen en Hellseher ass, an et ka keen haut soen, wat d'Realitéit d'nächst Joer ass. Kee weess, wéi laang déi Rezessioun do wäert daueren. Kee weess, wéi staark d'Auswierkungen op d'Ekonomie zu Lëtzebuerg wäerte sinn, wéi schnell datt se sech bemierkbar maachen a wat dat alles konkret heescht fir eise Statsapparat an d'Statsfinanzen. Kee weess eppes Geneeës. Duerfir bleift d'Regierung einfach emol derbäi, fir e falsche Budget hei zum Vote ze brëngen.

Wie gewënnt mat esou enger Budgetspolitik, mat esou enger Finanzpolitik neit Vertrauen? Ech mengen, keen.

Recetten a munch Dépensë baséieren ëmmer op enger Schätzung. Wann de Budget opgestallt gëtt, an normalen Zäiten an och a Krisenzäite wéi elo, da gëtt gekuckt: Vu wat fir enger Wirtschaftscroissance kann een ausgoen? Wéi entwéckelt sech den Emploi? A ganz vill aner Eckdate fléissen do eran.

Déi al Schätzunge si sécher falsch. Neier wäre mat Sécherheet awer méi richteg. An et schéngt der ze ginn. De President vun der lëtzebuergescher Zentralbank huet viru kuerzem an engem Interview gesot, datt ee wahrscheinlech d'nächst Joer 2009 mat engem Defizit vun 3% vum PIB misst rechnen.

D'DP huet duerfir e Budget rectifié bis Enn Mäerz gefrot, fir eben déi nei Donnéeën an net nëmmen de Stand vun haut, mä de Stand vun deenen nächsten dräi Méint kënnen do mat afléissen ze loossen an net einfach um Stand vun deene leschten dräi Méint stoen ze bleiwen. D'Regierung wär dem Parlament dat dote schëlleg, d'Regierung wär och de Bierger hei am Land dat dote schëlleg.

De Budget 2009, deen haut hei diskutéiert gëtt an d'nächst Woch gestëmmt wäert ginn, ass eppes wéi e Wantermäerchen. E Mäerchen awer och, dat virun enger Rei vu Jore schonn ugefaangen huet.

Mir erënneren eis un déi Tripartite, déi eigentlech Léisunge just fonnt huet bis 2009, bis also d'nächst Joer; well do villes ausleeft, wat do diskutéiert an décidéiert ginn ass. Deemools hu mer eis schonn iwwer Automatisme beklot, deemools gouf scho vu strukturelle Problemer, och bei de Statsfinanzen, geschwat.

D'Tripartite huet da gehollef de Budget éischter ze équilibréieren, mä déi Automatisme lafe weider, déi strukturell Problemer bestinn nach ëmmer. Dat fanne mer jo och erëm am Avis vum Conseil supérieur du développement durable, deen d'ailleurs ganz interessant ass, mä deen eis och do näischt Neies gesot huet.

D'Regierung huet an deene gudde Joren eng ganz Rei vu waarmen Eisen net ugepaakt, an et kann een drun zweifelen, ob se dann elo fäeg sinn, dat an deenen nächste Méint ze maachen.

De Statsminister huet d'lescht Woch dann och heibanne gefrot, wat um Statsbudget sollt geännert ginn. Elo weess ech, datt de Statsminister dat, wat d'Demokratesch Partei seet, ganz genee suivéiert, an da misst en eigentlech wëssen, wat eis Haltung dozou ass.

D'Demokratesch Partei wëllt, datt mer d'Recettë fir 2009 realistesch um Wëssensstand vun haut kënnen aschätzen an net um Wëssensstand vum Juli/August 2008. Mir wëllen, datt mer d'Dépensen do upassen, wou mer dovunner ausgoe kënnen, datt se méi héich sinn, wéi zum Beispill beim Fonds pour l'Emploi. Mir wëllen och, datt mer Dépensen ëmschichten, fir se schneller kënnen ze tätegen, fir se do kënnen ze exekutéieren, wou Projete fäerdeg sinn, wou een d'Geld éischter ënnert d'Leit ka brëngen.

Mir wëlle fir 2009 keng Kierzungen, well - an do deele mer déi grondsätzlech Approche vun der Regierung - wa mer ee Feeler kënne maachen, dann ass et elo, an enger Situatioun, wou de private Konsum abrécht, wou d'Investitioune vun de Betriber erofginn, dann och nach den öffentleche Konsum an déi öffentlech Investitiounen ze reduzéieren. E Feeler, hunn ech mer soe gelooss, deen 1929 an an de Joren duerno gemaach ginn ass an deen zu deene schlëmme Konsequenzen, déi mer alleguerte kennen, gefouert huet.

Mir sollen awer éierlech sinn an dann och deen ze erwaardenden Defizit berechnen an en ausweisen. Well déi dote Politik wäert et net zum Nulltarif ginn, esou en Defizit, dee mer elo wäerte kréien. Dat heescht, datt mer eis wäerte verschëlden. Dat ass och justifiéiert. Well wa mer et net géife maachen, da wär et herno vill méi schwiereg, nach aus der Situatioun erauszekommen, aus där ekonomescher Situatioun an awer och aus der budgetärer Situatioun vum Stat. Et ass awer eng Situatioun, déi natierlech net ka vun Dauer sinn.

Wa mer géife wëssen, wéi héich de Statsdefizit 2009 géif ginn, da kéinte mer eis och Gedanke maachen, wéi mer en duerno 2010 an 2011 - an eventuell doriwwer eraus - dann och erëm géife reduzéieren. Déi Situatioun, déi mer elo hunn, ass bedéngt duerch eng konjunkturell Kris, awer duerch déi strukturell Schiflag an eise Statsfinanzen, zum Beispill d'Ofhängegkeet vun de Recettë vun der Aktivitéit op der Bankeplaz, sinn eng ganz Rei och vu strukturelle Reformen noutwendeg.

Hei hu mer - bis ewell op jidde Fall - näischt Konkretes héieren an deene leschte Joren, an och net an deene leschte Wochen, vun de Majoritéitsparteien.

Mir brauchen eng éierlech Diagnos virun de Wahlen, fir duerno kënnen ze wëssen, wat fir eng déi richteg Medezin ass. Muncher gi

mer allerdéngs hei d'Impressioun, wéi wa mer et mat engem Patient ze dinn hätten, deen nëmmen Angscht hätt bei den Dokter ze goen, well en déi richteg Diagnos fäert.

Mir sollen awer de Mënschen d'Wourecht soen, an d'Mënschen - dorunner gleewen ech fest - akzeptéieren och, datt mer eng Rei vu Reforme musse maachen. Reformen och vläicht, déi net wäerten einfach ginn, mä si akzeptéieren et éischter, wa se de Problem verstinn, wa se d'Situatioun erkennen. Mä duerfir musse mer d'Situatioun fir d'alleréischt emol hei op den Dësch bréngen.

Esou ee Budget ass dann och net just en Zuelewierk, mä et kënnt virun allem drop un, wéi d'Exekutioun gemaach gëtt. An do ass et wichteg, datt d'Regierung déi richteg Approche huet. Et geet virun allem - 2009 - ëm Tempo, ëm Schnellegkeet, a mir gleewen net esou richteg dorunner, datt der Regierung dat ka geléngen.

Munch Prozeduren hunn eis kloe gedoen, hunn d'Gemengepolitiker kloe gedoen, hunn d'Betriber an och d'Bierger vun dësem Land déi lescht Jore kloe gedoen. Deen, dee wëllt investéieren, muss elo kënnen investéieren, ënner kloere Regelen. Dat betrëfft d'öffentlech Hand, et betrëfft och de Privatsecteur an et betrëfft zum Deel d'Regierung selwer.

D'Regierung huet do awer déi lescht Joren näischt ronnbruecht, fir zu enger administrativer Vereinfachung bäizedroen, fir investéieren hei zu Lëtzebuerg méi einfach kënnen ze maachen a méi schnell ze maachen, an d'Regierung muss elo weisen, datt se dat doten an der Kris hikritt.

Ech héieren eenzel Regierungsmemberen, déi hätten et gären. Dann hoffen ech, datt dat eng kollektiv Virstellung vun der Regierung an e kollektive Wonsch vun der Regierung ass. Ech sinn allerdéngs skeptesch.

Dës Legislaturperiod ass ugaange mat enger grousser Diskussioun iwwert d'Flächennotzungsgesetz. Dës Legislaturperiod geet op en Enn, ouni datt déi Diskussioun do ofgeschloss ass, well mir waarden nach ëmmer, vum Innenminister, op de Projet de loi, fir d'Gesetz iwwert den Aménagement communal dann elo definitiv kënnen ofzeänneren.

Et ginn Diskussiounen ëm Naturschutzautorisatiounen, an et wär wichteg, datt mer Situatiounen évitéieren, wou een, deen e Projet wëllt realiséieren, de ganze Parcours mécht an da fënnef Minutte vir zwielef d'rout Kaart gewise kritt.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Mir wëssen, datt mer bei der ITM och munches kënnen ëmdenken. Mir wëssen, datt bei der Landesplanung eng Rei vu grondsätzleche Regele mussen a Fro gestallt ginn, fir ebe méi Planungssécherheet ze ginn an datt deen, dee wëllt investéieren, weess, ob en dat kann oder ob en et net ka maachen.

Wa mer dat net hikréien, da wäert munch Investitioun net hei am Land, mä éischter am Ausland geschéien, well vill Leit, déi dat gemaach hunn, soe mer, datt et do awer finalement oft méi einfach geet. De Stat blockéiert sech heimadder och selwer.

Et ass hei net nëmmen e Problem vum Privatsecteur, dee keng Autorisatioune kritt. Et ass hei och e Problem, an dat héiere mer, wann zum Beispill eenzel Ministërë froen, si hätte gären eppes, si hätte gären eng Autorisatioun vun engem anere Ministerkolleeg, mä déi schénge sech allerdéngs do d'Oueren zouzehale bis ewell.

Domat muss Schluss sinn, grad elo an esou enger ekonomescher Situatioun wéi mer se hei hunn. Mir brauchen Décisiounen, a wann et muss sinn, da mussen och déi concernéiert Departementer, déi concernéiert Verwaltungen an och déi concernéiert Membere vun der Regierung do politesch Décisioune finalement huelen.

Mir froen eis dann och, wéi laang mer eis nach hei zu Lëtzebuerg de Luxus wëllen erlaben, d'Geschäfter dann zouzemaachen, wann d'Leit wëllen akafe goen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Waarde mer do bis de Chômage op 6%, op 7%, op 8% oder op 9% gestigen ass, bis mer dann do eng Kéier ëmdenken? Ech hoffen net!

(Interruptions)

En Defizit ze maachen an deen ze annoncéieren, dat geet net duer. Et muss geschafft ginn. Et muss schnell geschafft ginn. Duerfir hunn ech gesot, mir brauchen Autorisatiounen. Mir brauchen awer vläicht och Ëmschichtungen an deene budgetäre Moyenen, fir ebe méi an déi Richtung kënnen ze goen, do wou mer e Projet, dee fäerdeg ass, kënnen exekutéieren.

Mir brauche virun allem, Dir Dammen an Dir Hären, eng Ënnerstëtzung fir de Mëttelstand hei am Land. Mir brauchen Opträg fir kleng a mëttel Betriber.

Ech erënneren dorunner, a muncher heibanne kënne sech mat Sécherheet besser drun erënnere wéi ech, datt während der Stolkris et grad de Mëttelstand war, deen d'Land iwwer eng Duuschtstreck ewechbruecht huet. Well et do war, wou Aarbechtsplazen erhale bliwwe sinn, neier geschafe gi sinn. Well et déi Betriber waren, déi Steieren an enger ganz schwiereger Situatioun geschafen hunn.

Mir däerfen elo net de Feeler maachen, mëttelstänneg Betriber duerch dës kuerzfristeg Situatioun futti ze maachen. Well ee Betrib, deen zoumécht an dëser Situatioun, dee mécht duerno seng Diere mat Sécherheet net méi op. Duerfir musse mer alles drusetzen, de Betriber iwwert déi heiten Duuschtstreck kënnen ewechzehëllefen.

Den Här Juncker gesäit dat d'selwecht. Ech hoffen, datt et net just bei enger Intentioun bleift. Ech hoffen, datt déi ugekënnegt Politik do sech konkret a Musek wäert ëmsetzen.

Et ass déi lescht Woche ganz vill vun antizyklescher Politik geschwat ginn, hei am Land, och op anere Plazen. Et mierkt een allerdéngs, datt antizyklesch Politik net ëmmer gläich antizyklesch Politik ass. Fir eis geet et drëms, datt d'Geld schnell an de Circuit zréckkënnt. Duerfir brauche mer eng Straffung vun der Planung, vun de Prozeduren. Mir musse schnell an d'Ausschreiwunge kommen.

Ech hoffen do, datt mer da wierklech déi administrativ Hürde gradesou schnell këppen, wéi mer reagéiert hunn an der Bankekris, oder fir aner Gesetzer ganz schnell kënnen duerchzekréien. Et geet net nëmmen duer, en Optrag ze ginn un e Betrib, mir mussen en och, wann de Betrib deen Optrag ausgefouert huet, bezuelen. An do sinn och vill kleng Betriber, virun allem, déi mer soen, datt se nach vill Geld, och vum Stat, ausstoen hunn. Et kann net sinn, datt déi kleng Patronen, an esou schwierege Situatioune wéi elo hei, dem Stat och nach musse Geld léinen.

Wa mer investéieren, da solle mer sënnvoll investéieren. Antizyklesch Politik ass fir eis net, datt mer einfach probéiere Geld auszeginn. Antizyklesch Politik muss sënnvoll Investitiounen tätegen do, wou se noutwendeg sinn, wou mer se souwisou hätte misse maachen, wou mer se vläicht just e bësselche méi spéit gemaach hätten. Mir sollen investéieren do, wou d'Ekonomie ënnerstëtzt gëtt: an d'Infrastrukturen, an Aktivitéitszonen, an d'Uni, an d'Fuerschung, an d'Mobilitéit.

Mir sollen och an de Klimaschutz investéieren, well dat ass eng grouss Erausfuerderung, laanscht déi mer esou oder esou net kommen. Wa mer dës Kris notzen, fir zum Beispill eis al Gebaier, öffentlecher an och privater, ze renovéieren, dann hu mer e bleiwenden Effet, well da wäerte mer an Zukunft mat manner Energie gradesou gutt kënne liewen.

Déi privat Investitiounen an de Klimaschutz gi jo zum Deel nach ëmmer duerch eng Subsidëpolitik ugereegt. Ech wëll do nach eng Kéier ze bedenke ginn, datt dat eleng net duergeet. Dat eleng geet net duer, fir jiddwereen ze iwwerzeegen, säin Haus elo ze renovéieren, ze isoléiere respektiv an erneierbar Energien ze investéieren, well deen, dee vläicht en Drëttel bäigeluecht kritt, muss nach ëmmer d'Moyenen hunn, déi aner zwee Drëttel ze finanzéieren, an et si virun allem déi Biergerinnen a Bierger hei am Land mat deene klenge Revenuen, déi an deene schlecht isoléierten Haiser sëtzen, déi do onbedéngt misste gehollef kréien.

Duerfir brauche mer intelligent Mechanismen, Virfinanzéierungsmechanismen, wou mer Banke mat abezéien, wou mer vläicht eng Klimabank schafen, esou wéi mir dat als DP gefuerdert hunn, fir de Leit kënnen déi Investitiounen do hëllefe virzefinanzéieren, wou se herno dovunner profitéieren. Well wa mer dat dote géifen hikréien, da profitéiert jiddwereen. D'Handwierk profitéiert an dëser schwiereger Situatioun, well se Aarbecht kréien. D'Leit profitéieren, well se sech mat manner Energiekäschten duerno deeselwechte Confort kënnen assuréieren. D'Banke kréien nei Clienten, an de Stat geet och als Gewënner doraus eraus, well mer wäerten eis CO_2-Emissiounen doduerjer nohalteg reduzéieren an dann och manner an d'Kyotodëppe mussen abezuelen.

Déi doten Diskussioun iwwert de Klimaschutz däerfe mer elo net op d'Säit leeën. De Pëtrol gëtt zwar elo méi bëlleg, mä mir musse wëssen, datt dat, soubal d'Ekonomie erëm eng Kéier bis unzitt, an déi aner Richtung wäert goen. Mir sollen net mengen, datt déi Belaaschtung, déi mer déi lescht Méint duerch en héije Pëtrolspräis kannt hunn, elo eriwwer wär an net méi géif erëmkommen. Klimaschutz muss eng Prioritéit vun der Politik hei zu Lëtzebuerg bleiwen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Gemenge maache sech Gedanken. D'Gemenge maache sech Gedanken, wéi si kéinten dozou bäidroen, d'Politik ze ënnerstëtzen, eng Gesamtpolitik fir eis Betriber ze ënnerstëtzen. D'Gemenge sinn allerdéngs och am Onkloeren, virun allem iwwert d'Recettë fir déi nächst Joren. D'Gemengen hu munches gesot kritt, wat se kënnen als Recetten erwaarden. D'Gemenge gleewen dat awer och net esou richteg, a wann een nofreet, da kritt ee gesot, gitt dat Geld do aus, a gläichzäiteg kritt ee gesot - an dat war hei an enger Chamberskommissioun -, datt ee soll virsiichteg domadder ëmgoen a vläicht nach e bësschen op d'Säit leeën. Esou vill zu deem, wat een ëmmer Sënnvolles hei a muncher Sitzung gesot kritt!

D'Gemenge wëllen investéieren. D'Gemenge mussen dann awer och wëssen, wéi se déi ugefaangen Investitiounen op en Enn kënne féieren a wat se vu Recettë fir déi nächst Joren erwaarde kënnen. Mir hätten eis gewënscht, datt den Innenminister d'Initiativ geholl hätt an d'Gemenge beienee geruff hätt, fir gemeinsam e Pak ze maachen, e Paquet ze schnüren an eng Antikrisepolitik vun de Gemengen op d'Schinn ze setzen. Ech hunn awer héieren a gelies, datt munch Gemengen op deen dote Wee gaange sinn. Et sinn oft net déi klengsten am Land, wat ze begréissen ass, mä zesummen hätte mer mat Sécherheet do nach villes méi erreecht.

Och eng Gemeng kann nämlech hir Politik, hire Budget geziilt op dës Wirtschaftskris ausriichten. Si ka kucken, datt se relativ kleng Opträg, direkt am Ufank vum Joer, u lokal oder regional Betriber erausgi kann, kleng Renovatiounsaarbechten, déi bestëmmt a ville Gemengen un den Infrastrukturen nach noutwendeg sinn. Si ka grouss Infrastrukturprojeten op den Instanzewee an an de Chantier bréngen. Dat huet virun allem dee positiven Effet, datt et eng gewëss Planungssécherheet fir d'Entreprisen, fir d'Konstruktiounsbranche, fir d'Handwierker gëtt, well se wëssen, datt se do oft eng Rei vu Joren drun ze schaffen hunn.

D'Gemenge kënnen d'Bierger encouragéieren, esou wéi de Stat et ka maachen, mä heiansdo kënne si et besser, well se méi no bei de Bierger sinn, fir der Energiefal ze entkommen. Zesumme wären d'Gemenge méi staark gewiescht, mä do hu mer den Initiativgeescht vum Innenminister vermësst.

D'Regierung, d'Majoritéitsparteie soen dann, hire Budget, de Budget 2009, dee mer hei diskutéieren, wär en Anti-Krise-Budget. D'Regierung wosst also scho virum Summer, wéi se dee Budget opgestallt huet, wat d'nächst Joer géif kommen. Da freet ee sech just, firwat se op esou munch Situatiounen dann net besser preparéiert war, an da gläichzäiteg esou mécht, wéi wa se dat doten awer net gesinn hätt kommen.

Dëst ass an eisen Ae keen Anti-Krise-Budget, well e reagéiert net op déi Kris. Et ass an eisen Aen e geduechtene Wahlbudget, well mer d'nächst Joer eng Wahléchéance virun eis stoen hunn, a well d'CSV an LSAP gesinn hunn, datt se a munche Punkten de Bou dach iwwerspaant hunn. D'Steierzueler sinn ze vill belaascht ginn déi lescht Joren. D'Mëttelschichten huelen d'Been an de Grapp a verloossen eist Land; et sollen der 15.000 iwwert déi lescht Jore gewiescht sinn, déi sech an der Grenzregioun niddergelooss hunn.

De Kafkraaftverloscht ass reell. Ech wëll nach eng Kéier un dat Beispill erënneren, wat ech hei am Mee virgerechent hat: Enger lëtzebuergescher Duerchschnëttsfamill mat zwee Kanner - wann een dat ofrechent, wat fir wunnen, fir Kannerbetreiung, fir ze liewen, fir ze hëtzen, fir den Auto an esou weider muss opbruecht ginn - bleiwen nach 700 Euro, déi net den Éischte vum Mount verplangt sinn. De Kafkraaftverloscht an och d'Suitë vun där moderater Lounpolitik, déi an der Tripartite décidéiert ginn ass, sinn nach verstäerkt ginn, amplaz datt se ofgefiedert gi si vun der Regierungspolitik, duerch eng Akommessteier, déi schläichend an d'Luucht gaangen ass, well se ni komplett un d'Inflatioun ugepasst ginn ass, duerch eng Autosteier, eng Fleegeversécherungserhéijung. Se si verstäerkt ginn duerch de Kyotocent, duerch Augmentatioune bei der Kannerbetreiung an esou weider.

Duerfir sollen d'Bierger elo, sechs Méint virun de Wahlen, en Deel, e Brochdeel vun deem Geld, wat se déi lescht Jore méi bezuelt hunn, erëmkréien. Duerfir elo eng 9%eg Inflatiounsberengegung vum Steiertarif, amplaz 6%, wéi nach am Mee ugekënnegt. Ech erënneren och hei drun, datt déi 6% eis net duergaange sinn, a muncher een hei am Haus, virun allem aus de Reie vun der Majoritéit, eis belächelt huet an eis als onseriö duerstelle wollt, well mer méi wollten hunn, well mer méi Steierentlaaschtung bei der Akommessteier wollten hunn. Nun elo, an enger Situatioun, déi jo awer ekonomesch vill méi schwiereg ass, wou mer wëssen, datt de Spillraum méi enk gëtt, mécht d'Regierung, mécht d'Majoritéit dat, wat mer gefrot hunn. Eis Iwwerleeunge schéngen also net komplett nieft dem Dill geleeën ze hunn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Den Aarmutsrisiko ass geklommen, dat héiert een, et liest een et an de Statistiken. Dat ass och eng vun de Suitë vun der CSV/LSAP-Politik. Dat gëtt ofgefiedert duerch déi Steierkreditter, déi elo amplaz vun den Abattementen agefouert ginn. Déi schéngen eis noutwendeg an dëser Situatioun. Ech wëll awer nach emol drun erënneren, datt et net ka sinn, datt mer just iwwer sozial Transferten dorobber reagéieren, datt mer och eng aner Sozialpolitik musse maachen, eng aktivéierend Sozialpolitik musse maachen. Dëst Land - virun allem a budgetär méi schwéieren Zäiten - kann net existéieren, wa finalement 40% vu senge Bierger duerch sozial Transferten um Liewen erhale ginn an eigentlech duerch hir eegen Aarbecht net méi kënne fir hiren Ënnerhalt suergen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Et gëtt gesot, datt deen Anti-Krise-Budget hei d'Kafkraaft stäerke soll, d'Bierger géife jo entlaascht ginn. Dat stëmmt, si ginn zum Deel entlaascht. Si ginn awer wäitaus manner entlaascht, wéi se déi Jore virdru belaascht gi sinn, an dat ass dann och d'Ursaach, firwat déi Entlaaschtung do net wäert dozou féieren, datt d'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger elo massiv an d'Geschäfter lafen an engem Kaufrausch verfale wäerten.

Zum Thema Kafkraaft war ech awer och erstaunt, wou ech de Passage aus dem Norbert Haupert sengem Budgetsrapport gelies hunn, wou jo glat behaapt gëtt, d'Kafkraaft wär déi lescht Joren an d'Luucht gaangen! Unhand vun enger Rei vu Grafiken a Statistike soll dann do kloergemaach ginn, d'Leit hätte kee Problem mat der Kafkraaft hei zu Lëtzebuerg, well mer géife jo alleguerten ëmmer méi verdéngen.

D'Akommes ass geklommen, dat stëmmt, mä awer gläichzäiteg sinn eng ganz Rei vu Belaaschtunge geklommen: D'Steierbelaaschtung ass an d'Luucht gaangen, d'Käschte fir Kannerbetreiung sinn an d'Luucht gaangen, Wunnen ass hei zu Lëtzebuerg däitlech méi deier ginn déi lescht Joren, Hëtzes ass méi deier ginn, den Auto brauch méi Sprit an deen ass och méi deier ginn, mir haten eng Inflatioun. Dat steet néierens!

Dat erkennen d'Politiker vun dëser Majoritéit net un, datt et, wa mer iwwer Kafkraaft schwätzen, net nëmmen duergeet, wéivill datt ee verdéngt an datt een e bësse méi verdéngt, mä et muss een eben och kucken, wat déi aner Belaaschtungen ausmaachen, siefe se duerch d'Politik verursaacht - et waren der eng Rei duerch d'Politik verursaacht -, siefe se duerch déi ekonomesch Situatioun verursaacht.

D'Demokratesch Partei huet dann am Fréijoer vun dësem Joer 2008 e Sondage bei TNS ILReS an Optrag ginn, an dee weist, wéi d'Leit hir Kafkraaft gesinn. Do sinn net manner wéi 76% vun de Leit, déi gesot hunn, d'Kafkraaft wier generell erofgaangen. 44% vun de Leit soten, datt hir perséinlech Kafkraaft erofgaange wär am Laf vun deene leschte Joren. 35% hunn dat éischter neutral gesinn, an 22% hu gemengt, se wär eropgaangen. Dat an enger Situatioun, wou et hei zu Lëtzebuerg geboomt huet. Dat an enger Situatioun, wou mer 5 bis 6% Wirtschaftscroissance haten.

Wa mer do d'Resultat hunn, datt d'Kafkraaft bei deene Meeschten erofgaangen ass, amplaz datt se eropgeet, da freet ee sech, wien eppes falsch gemaach huet. Nun, mir mengen, datt dat doten e Stéck vum Bilan vun der Politik ass vun der CSV/LSAP-Regierung.

De Budget 2009 ännert dann och nëmme marginal dorunner eppes. Offiziell verschléissen nach ëmmer d'CSV an d'LSAP d'Ae virun der Realitéit am Land, nämlech datt d'Kafkraaft erofgaangen ass am Laf vun deene leschte Joren.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Eng Auswierkung vun der Kris, déi net nëmme sech direkt am Budget bemierkbar mécht, mä déi d'Leit hei am Land wäerte mierken, dat ass natierlech de Chômage. An dee Chômage, deen eis vun der OECD prognostizéiert ginn ass, dat ass keng Fatalitéit, déi mer esou mussen hinhuelen: 6,5% fir 2009, 7% sollen et 2010 ginn. Chifferen, déi mer hei zu Lëtzebuerg net kannt hunn, egal a wat fir enge Situatiounen datt ee virdru kucke geet. Bis virun e puer Woche gutt fonctionnéierend Betriber wéi ArcelorMittal baue 400 Plazen of. D'Regierung hëlt dat dann einfach emol esou hin.

Natierlech hätte mer missen éischter higoen an d'Administration de l'emploi reformëieren. Dat ass eppes, wat jo vun eis scho laang gesot ginn ass a wat mëttlerweil bal jiddwereen am Land seet. Den Ombudsmann huet et kloer an däitlech geschriwwen. An déi Betraffen, déi op der Sich sinn no enger Aarbecht, soen et bei all Erfahrung, déi se mat der ADEM maachen. Gradesou d'Betriber.

De Fränz Biltgen allerdéngs, den Aarbechtsminister, verstoppt sech hannert jiddwerengem an erkläert, firwat hien déi Reform vun der ADEM bis ewell net konnt ugoen. Eng Kéier sinn d'Gewerkschafte schold, eng Kéier de Koalitiounspartner, eng Kéier ass et d'Oppositioun, déi anscheinend net esou richteg mat wëllt zéien, an dann op eemol soll et Accorden a viregte Regierunge gi sinn, déi him elo d'Hänn géife bannen.

De Fränz Biltgen ass néng Joer Aarbechtsminister zu Lëtzebuerg. Zënter néng Joer gëtt iwwert d'Arbeitsamt diskutéiert, zënter néng Joer hu mer keng reell Reform vum Arbeitsamt op de Wee kritt. Den Här Minister erkläert de Chômage, firwat datt en an d'Luucht geet, firwat eenzel Leit am Chômage sinn. Den Här Minister erkläert dat elo an dëser Situatioun. Dat stëmmt och. Seng Analys ass meeschtens richteg, mä hie bleift ebe bei der Analys stoen.

Mir vermësse virun allem och elo an dëser Situatioun, datt mer eis dergéint stäipen, géint déi prognostizéiert Chômagezuelen do. Ech mengen, do wär eppes ze maachen, a mir sollen et net einfach esou hinhuelen.

Deen natierlechen Ofbau, vun deem da geschwat gëtt bei ArcelorMittal, wou mer riskéieren, datt dat sech widderhëlt bei anere Betriber, deen huet Répercussiounen. Et geet net duer, ze soen, et ass en natierlechen Ofbau vun Aarbechtsplazen an d'Leit gi fräiwëlleg. Déi Leit, déi gi jo meeschtens net an d'Pensioun. Déi Leit kommen zréck op den Aarbechtsmaart, hunn eng Beruffserfahrung, déi se kënnen en valeur setzen. Dat heescht, et wäerte méi Leit um Aarbechtsmaart täteg sinn. Dat bei steigendem Chômage. Et wäerte méi Leit op der Sich sinn no enger Aarbecht, an dat mécht et deenen, déi op der Sich sinn an enger Situatioun, wou natierlech d'Betriber manner gären astellen, nach emol vill méi schwéier.

Wat geschitt mat deene Jonken? Déi Jonk, déi d'nächst Joer hir Léier fäerdeg hunn, déi Jonk, déi hiren Diplom gemaach hunn? Déi Jonk, déi studéiere gaange sinn an zréckkommen an der Hoffnung elo eng Aarbecht ze fannen, eng Aarbecht ze kréien? Och si wäerten en aneren Aarbechtsmaart virfannen 2009 an 2010, wéi dat geduecht war vun hinnen an och wéi muncher hinnen et an Aussiicht gestallt hunn.

Solle mer net higoen a vläicht probéieren, déi Jonk dann nach op d'mannst méi laang an der Schoul ze halen, bei der Orientéierung vun de Studente kënnen ze hëllefen, bei eise Regelen, wéi mer Prêten a Bourssë ginn, fir weider kënnen ze studéieren, fir datt deen, deen e Bachelor gemaach huet, vläicht e Master mécht, fir datt deen, deen e Master gemaach huet, vläicht nach en drëtten Zyklus hannendrun hänkt?

Misste mer net och kucken, bei deene Leit, déi elo an de Chômage kommen, an et wäerten der e puer dausend méi si wéi gewinnt, datt mer do déi Zäit notzen, wou se net kënne placéiert ginn, fir Weiderbildung mat hinnen ze maachen, datt se fit sinn herno fir d'Relance, dann, wann den Aarbechtsmaart erëm méi aktiv gëtt, dann, wann d'Betriber nees méi astellen?

Ech erënneren nach eemol un eng Propos, déi d'DP schonn 2006 gemaach huet, fir systematesch méi Weiderbildung um Arbeitsamt kënnen unzebidden, datt mer d'Arbeitsamt vun enger Verwaltung souwisou a Richtung Agence, a Richtung Weiderbildungsagence kënnen transforméieren, datt mer zu deem, deen no dräi Méint - bis ewell war et esou, datt déi Allermeeschten no dräi Méint nees eng Aarbecht fonnt hunn - nach keng Aarbecht fonnt huet, soen, du muss elo eng Formation continue maachen, a wann dat net geet, well et geet wahrscheinlech net bei jiddwerengem, wann et net gewollt ass, datt een dann och seet, da muss een eng Aarbecht am öffentlechen Interesse maachen.

Déi doten Instrumenter géifen eis haut hëllefen, iwwert déi Kris ewechzekommen a géint de Chômage unzegoen. Mir mussen eis fit maache fir d'Zäit no der Kris a mer däerfe virun allem, wat de Chômage ubelaangt, d'Hänn net an de Schouss leeën.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP)*.- D'Wirtschaftskris ass dann och kee Grond, fir munch aner noutwendeg Reformen elo net unzegoen. Am Géigendeel menge mer, grad a Krisesituatioune muss ee munches a Fro stellen.

Ech hu grad erkläert, wat ee misst an der Aarbechtsmaartpolitik änneren, wéi mer d'Administration de l'emploi missten opstellen.

Mir mussen och méi eng intelligent Klimapolitik maachen, wou mer net nëmme Subsidë ginn, mä wou mer och hëllefen, datt de Rescht, deen de Stat nach net bäileet, ka privat virfinanzéiert ginn. Duerch esou intelligent Finanzéierungsmechanisme ka jiddweree gewannen.

Et ass net fir d'éischt, datt ech heibanne soen, mir brauchen e Paradigmewiessel an der Familljepolitik, fir och do kënne Famill a Beruff besser ënner een Hutt ze kréien. Dat hëlleft och der Ekonomie. Dat hëlleft och de Patronen.

Mir brauche méi Betreiungsplazen a mir musse se méi schnell schafen, wéi dat an der Vergaangenheet geschitt ass. Mir brauchen eng qualitativ wäertvoll Betreiung, well wa mer iwwer Vertraue schwätzen, da geet et och do ëm Vertrauen, dat d'Eltere mussen hunn an déi Betreiungsdéngschtleeschtung, déi ugebuede gëtt. Dat hëlleft ganz konkret, d'Liewen ze organiséieren. Dat belount awer och déi, déi schaffe ginn, déi wëlle schaffe goen, déi selwer wëllen hiren eegene Liewensënnerhalt bestreiden a fir sech selwer an hir Famill wëllen opkommen.

Duerfir brauche mer och eng bezuelbar Betreiung. Dat ass wouer. An et ass net fir d'éischt, wou ech et heibanne priedegen, an duerfir ware mer net d'accord mat där Politik, déi vun der CSV an der LSAP déi lescht Jore gemaach ginn ass, fir d'Betreiungskäschte konstant an d'Luucht ze setzen.

Elo sollen dann ongedeckte Schecken ausgestallt ginn, de Chèque-service, deen de Leit Hoffnung mécht op eng Betreiungsplaz, op deelweis eng gratis Betreiung, wou mer awer wëssen, datt doduerjer déi Offerte, déi besteet a jo komplett absorbéiert ass, déi komplett genotzt gëtt momentan, eng zousätzlech Demande eigentlech net wäert packen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Ech erënneren och an deem Zesummenhang un déi Motioun, déi ech virun e puer Wochen hei abruecht hunn, déi mer am Kontext vun de Budgetsdebatte jo och kënne mat evakuéieren.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt et fir eis net ka sinn, datt mer an de Betreiungsstrukturen, an de Crèchen, an de Maisons relais deene Kanner eng Prioritéit ginn, deenen hir Elteren RMG-Bezéier sinn an domadder jo an der Regel net schaffen an eigentlech disponibel sinn,...

(Interruption)

...fir hir Kanner selwer kënnen doheem ze erzéien.

Dat heescht, wann dat doten esou ëmgesat gëtt, wéi et geplangt gëtt, gi ganz vill aner Kanner refuséiert ab dem nächste Joer, déi elo eng Plaz hunn, an deenen hir Eltere sech elo dorop verloossen, datt hir Kanner betreit sinn, deenen hir Eltere ganz oft beruffstäteg sinn an déi doduerjer riskéieren hir Beruffstätegkeet mussen a Fro ze stellen.

Ech hoffe wierklech, datt deen Unfug do aus deem Projet erauskënnt. Duerfir hu mer och déi Motioun - ënner anerem duerfir, et gëtt nach vill aner Grënn - abruecht, fir dee Projet Chèque-service de sträichen an da gläichzäiteg op där anerer Säit hinzegoen an d'Betreiungskäschten en Deel ze kierzen.

M. le Président.- Här Meisch, erlaabt Der, datt den Här Jaerling lech eng Fro stellt?

M. Claude Meisch *(DP)*.- Selbstverständlech.

M. le Président.- Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Här Meisch, wéi kommt Der dorop, dass Der kënnt soen, dass d'Kanner vun den RMG-Bezéier eng Prioritéit kréien?

Dat stëmmt dach guer net!

An zweetens ass et och net esou, dass d'RMG-Bezéier net schaffen. Déi musse sech och um Arbeitsamt umellen an déi ginn och zu Aarbechten erugezunn. Do ass et also esou, dass déi Leit an därselwechter Situatioun si wéi aner Familljen an och keng Prioritéit hunn.

Dat, wat Dir elo gesot hutt, et deet mer leed, dat stëmmt net.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Dach, dat stëmmt. Ech si jo gutt placéiert als Buergermeeschter, fir ze wëssen, wéi de Chèque-service soll agefouert ginn. An et ass dat, wat mer als Gemenge bis elo gesot kritt hunn, obscho mer wéineg gesot kritt hunn, mä dat doten hunn ech wuel verstanen.

An ech hunn och a menger Duerstellung hei nuancéiert geschwat, well ech weess hoergenee, datt net all RMG-Bezéier doheem sëtzt. Mä et gëtt der awer och, déi doheem sëtzen an eigentlech d'Zäit hätten an disponibel wären, fir hir Kanner selwer ze betreien.

Mir hu bei esou enger Politik wierklech net nëmmen d'Impressioun, datt deen, dee schafft, finalement deen Dommen ass, an et ass net bei deem dote Projet eleng, bei de Chèques-services, wou een dat gesäit.

Ech hunn d'lescht Joer op dëser Plaz drop higewisen, datt dee vun esou munchem geluefte Projet vum Kannerbonus derzou féiert, datt quasi exklusiv Famillje kënnen dovunner Gebrauch maachen, wou nëmmen ee schafft. Well wann een zweemol de Mindestloun verdéngt als Koppel an et huet een ee Kand, dann ass de Kannerbonus quasi neutral. Wann een awer e bësse méi wéi zweemol de Mindestloun kritt, wat fir vill Leit, déi zu zwee schaffe ginn, jo awer de Fall ass, dann ass et beim Kannerbonus fir ee Kand esou, datt ee gradesou vill aus där enger Täsch erausgezu kritt wéi een an déi aner Täsch erakritt.

Dat heescht, de Kannerbonus ass eigentlech eppes, wou d'Leit kënnen dervu profitéieren, wa se net zu zwee schaffen. Mä wa se zu zwee schaffen, ass dat op jidde Fall bei engem Kand schonn net méi méiglech.

Mir wëssen och, datt mer nach ëmmer e Steiersplitting hunn, deen eigentlech déi Koppel am meeschte bevirdeelegt, wou just ee schaffe geet an deen zweete guer net schaffe geet. Mir wëssen, datt mer d'Steierlaascht fir d'Mëttelschicht, also fir déi schaffend Leit, kontinuéierlech an d'Luucht gesat hunn déi lescht Joren. Mir wëssen, datt doduerch och ëmmer méi Leit drop ugewise sinn, hei am Land op sozial Transferten zréckzegräifen.

Mir hätte gären eng aner Politik, déi soll aneschters ausgeriicht sinn, an zwar datt d'Leeschtung, den Effort vun deem, dee schafft, besser unerkannt gëtt, amplaz datt et deen ass, dee sech als Leschten an d'Rei soll stellen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Vum Export vu Familljeleeschtungen, en anere Paradigmewiessel, dee mer e puermol ugeschwat hunn, wësse mer, datt dat fir d'Juncker-Regierung en Tabuthema ass. Mir froen eis eigentlech, firwat, well mer déi Erklärungen, déi mer kritt hunn, net verstanen hunn an esou net wëllen akzeptéieren. Mir wäerten a méi enger schwiereger budgetärer Situatioun mat Sécherheet fréier oder spéider nach emol dorop zréck misse kommen.

Och grad an deenen nächste Jore musse mer déi Subventiounspolitik - muncher soen, de Subventiounsdschungel - duerchforsten, analyséieren, wat mer brauchen, wat mer vläicht net brauchen. Prinzipiell soll een éischter a Richtung goen, wéi zum Beispill am Klimaschutz vun eis proposéiert, datt een e Subsid gëtt, wann een en aféiert, datt ee seet, e leeft bis e gewëssent Joer an duerno gëtt en entweder successiv reduzéiert oder e leeft aus an e gëtt ersat, zum Beispill duerch méi eng héich Besteierung.

Dat hätt ee jo zum Beispill bei der Autosteier esou kënne maachen. Amplaz datt deen, dee viru sechs Méint en Auto kaaft huet, och géif méi héich besteiert ginn. Op munche Gebidder wësse mer och, datt et do net de steierlechen Ureiz wäert sinn, mä datt et ganz einfach och eng Obligatioun wäert misse sinn, déi definéiert gëtt.

Dat virun allem géif net nëmmen dem Stat Geld spueren hëllefen, et géif op där anerer Säit och ganz kloer en Ureiz schafe fir de Bierger, fir sech mat Zäiten aneschters ze behuelen. Et géif och Planungssécherheet schafe fir de Bierger a fir munch Entreprise hei am Land.

Mir wëssen - an och dat musse mer elo an enger ekonomescher Situatioun diskutéieren, déi aneschters ass wéi déi lescht Jore virdrun -, datt mer eng Ofhängegkeet vun de Statsfinanze par rapport zu enger Rei vu Recetten hunn. D'Ofhängegkeet par rapport zur Aktivitéit vum Finanzsecteur hunn ech beschriwwen; déi par rapport zum Tanktourismus kenne mer alleguerten.

Dat dote si Sujeten, déi Joer fir Joer hei diskutéiert ginn, déi an d'Fënster gestallt ginn, wou Rapporten driwwer gemaach ginn. Dee leschten ass de Rapport vum nationalen Nohaltegkeetsrot, wou mer awer bis ewell nach keng Konklusiounen draus gezunn hunn. Och elo an dëser ekonomescher Situatioun soll et kee Grond ginn, fir eis drun ze hënneren, laangfristeg ze denken an ze kucken, wou mer wëllen histeieren.

Mir mussen eis och d'Fro stellen, ob et richteg war, de Rapport frontalier anzebalsaméieren an en net méi erauszehuelen. Well munches, wat och doranner stoung, hätt eis gehollef, fir vläicht iwwer méi schwiereg ekonomesch Zäiten ewechzekommen.

An deene gudde Joren hu mer et vermësst oder versäumt, eng Rei vu Strukturreformen ze maachen, déi noutwendeg gewiescht wären. Mir hunn eng gemaach, et ass de Statut unique. Haut muss nach eng Kéier ee mir erklären, wat de Statut unique eis dann elo brëngt an der jëtzeger ekonomescher Situatioun. Wat hëlleft en eis? Wat hëlleft en de Betriber? Wat hëlleft en deem Eenzelnen?

En trëtt den 1. Januar a Kraaft, mä vill Betriber, vill Beschäftegter wëssen eigentlech nach net richteg wou se dru sinn. Wat ännert den 1. Januar? E brëngt Käschte fir déi allermeeschte Patrone mat sech. Mir wëssen och, datt e Käschte fir de Steierzueler mat sech brëngt, déi op de Budget ofgewälzt ginn. Eng Belaaschtung, déi mer eis an der jëtzeger Kris hätte kënne spueren, mä se ass awer elo Realitéit.

Mir wäerten och mierken, datt dat wäert antrieden, wat ech ëmmer gesot hunn, datt duerch de Statut unique de Chômage riskéiert an d'Luucht ze goen, datt Leit, déi méi schwaach sinn, déi méi al sinn, déi de Patron riskéieren op eemol Geld ze kaschten, aus dem Betrib erausgedrängt ginn. An dat an enger Situatioun, wou d'ADEM elo schonn iwwerfuerdert ass, fir mam steigende Chômage eens ze ginn.

Et gëtt also gutt Grënn, kee Vertrauen an d'Politik vun CSV an LSAP ze hunn, genuch Grënn och fir dëse Budget net ze stëmmen. Een dovunner ass ganz einfach, datt en net véridique ass, datt en net den aktualiséierte Prognosen entsprécht. Et ass dat e grondsätzlecht Recht vun der Lëtzebuerger Chamber, fir eben de Budget kënnen ze definéieren, mat deem d'Regierung duerno ka schaffen. Dat Recht solle mer net aus der Hand ginn. Een, deen Chamber freet, deen dote Budget ze stëmmen, dee mécht de Geck mat dësem héijen Haus.

Datt d'Recettë bäi Wäitem ënnerschat sinn, wësse mer. Datt munch Dépensë wäerten an d'Luucht goen, och dat wësse mer haut schonn. Dorobber brauche mer net bis Mëtt d'nächst Joer ze waarden.

Mir hunn d'Problemer vu ville Mënschen ignoréiert déi lescht Joren. Och dëse Budget mécht dat an engem Mooss, wéi et net sollt sinn. Ech hunn nach eng Kéier erkläert, datt de Kafkraaftverloscht reell ass, datt d'Leit e spieren hei am Land an datt eng theoretesch Diskussioun iwwer eng Aug-

mentatioun vun de Salairen, déi jo hei gefouert gëtt, kengem reell weiderhëlleft.

De Budget dréit der wirtschaftlecher Realitéit vun haut, an där, déi mer eis kënne fir d'nächst Joer ausmolen, net Rechnung. E Krisemanagement ass kaum siichtbar, well dëse Budget der Kris jo net Rechnung dréit, well en eben net ofgeännert ginn ass a well en och net méi ofgeännert soll ginn.

Mir schwätzen zënter Joren iwwer noutwendeg Reformen um Aarbechtsmaart. Mir wëlle méi Betreiungsplazen. Mir wëlle Famill a Beruff besser ënner en Hutt kréien. Zënter Jore si mer eis och eens, datt et u Chancëgläichheet mangelt an der Schoul, datt mer sozial Problemer hei am Land besonnesch staark weiderverierwen, datt mer net genuch Wunnenge bauen, datt eis Prozeduren ze schwéierfälleg sinn.

Lëtzebuerg brauch a villen Domäner eng nei Politik, fir al Problemer ze léisen. CSV an LSAP hunn déi dote Problemer bis ewell net geléist. Si hunn et net fäerdeg bruecht, an ech woen d'Prognos, datt se et och an noer Zukunft net wäerte fäerdeg bréngen.

Mir däerfe bei villem net an der Analys stoe bleiwen. Mir mussen de Courage hunn, fir e Schrëtt no vir ze goen. Mir mussen awer och de Courage hunn, fir éierlech mat de Bierger ze sinn an e realistescht Bild vun der Situatioun ze zeechnen. A mir mussen de Bierger Courage maachen. Dat kënne mer nëmme mat enger staarker Portioun Éierlechkeet. Courage, fir néideg Reformen dermat unzegoen. Nëmmen esou ka Lëtzebuerg sech erneieren an an der Zukunft mat Zouversiicht no vir kucken.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir hutt et héieren, d'Demokratesch Partei wäert och dës Kéier de Budget net kënne stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Meisch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wëll uganks menger Ried dem Budgetsrapporteur Norbert Haupert Merci soe fir säi Bericht. Hien huet op eng objektiv Manéier d'Finanz- an d'Wirtschaftssituatioun vum Land duergestallt. Hien huet dobäi eng Qualitéit gewisen, déi wichteg ass an der allgemenger Hektik vun dësen Deeg. Hien huet nämlech Rou behalen, war prezis a senger Beschreiwung an huet dobäi den Eescht vun der wirtschaftlecher a sozialer Situatioun net verkannt.

Här President, esou hate mer ons dat net virgestallt, wéi de Budgetsprojet den 1. Oktober 2008 hei déposéiert gouf. Mir haten ons op de leschte Budget vun der Legislatur agestallt. Mir wollten der nächster Regierung e Budget mat engem Iwwerschoss hannerloossen, net ouni d'Steierlaascht erliichtert an eng sozial cibléiert Redistributioun grad wéi d'Investitioune verstäerkt ze hunn. Knapps hate mer d'Aarbechten an der Finanzkommissioun ugefaangen, huet sech gewisen, dass d'Previsioune vum Wuesstem drastesch erofgeschrauft hu misse ginn.

De Statec huet dat gëschter mat senge Previsioune fir 2009 ënnerluecht. D'Steierakommes, no der Entwécklung vun 2008 geschat, wäert net erreecht ginn. En Defizit ass net ausgeschloss. An der Zwëschenzäit ass d'Finanz- an d'Wirtschaftswelt an d'Kris agetratt. Zwou systemesch grouss Banken zu Lëtzebuerg hu misse mat massivem öffentlechen Asaz an de Weekender vum 29. September an dem 5. Oktober gerett ginn. Déi Operatioune goufen elo vun der Kommissioun approuvéiert.

Dräi islännesch Banken zu Lëtzebuerg, dovunner eng grouss, waren no bei der Faillite, grad ewéi den Inselstat selwer. 50 Lëtzebuerger Betriber hunn an de leschte Woche Kuerzaarbecht ugefrot a krut.

ArcelorMittal huet seng Produktioun drastesch erofgefuer a baut 400 Leit zu Lëtzebuerg of. D'Firma kënnegt un, zwou Wochen am Dezember an am Januar zouzemaachen. 1.500 Leit sinn dovunner betraff.

Wat d'Sacrificer sinn, déi vun deene Leit gefrot ginn, ass fir den Ableck nach net kloer. Et gëtt gefaart, dass de Chômage zu Lëtzebuerg vu 4,5 op jidde Fall iwwer 5%, wann net weider, an de Joren 2009 an 2010 klëmmt.

De Lëtzebuerger Stat ass also gefuerdert wéi soss iwwerall. Kee rifft méi no engem schlanke Stat, mä all ruffe se no dem Asaz vum Stat bei der sozialer Offiederung an der Fuerderung no engem wirtschaftspolitesche Impuls, wann net Agréff.

Fir d'LSAP muss de Stat méi wéi jee seng sozial Verantwortung iwwerhuelen an an d'Wirtschaft agräifen.

Och um Plang vun der Europäescher Unioun ruffen d'Europäer no enger concertéierter Aktioun.

D'Europäesch Unioun hirersäits - erënnere mer ons drun, dat sinn déi national Regierungen; et ass net iergendee Wiesen iwwert en; dat sinn déi national Regierungen - huet e Pak vu Finanzregelungen décidéiert, déi amgaang sinn ausgeschafft ze ginn. Spuerer an Aktionäre musse geschützt an entschiedegt ginn, wann d'Hasardeuren hiert Geld verspillt hunn, an och déi mussen zur Verantwortung gezu ginn.

Zu den neie Regele gehéiert d'Bankgarantie fir Dépôten, déi zu Lëtzebuerg op 100.000 Euro eropgesat gëtt. Mä dozou gehéiert och, dass déi enorm a krisendreiwend Revenuë vun de Bankmanager strikt reguléiert ginn.

Am Kampf géint d'Wirtschaftsrezessioun huet d'Kommissioun d'viregt Woch e Pak vun 200 Milliarden Euro ausgeschafft, dat heescht 170 vun de Memberlänner an 30 vun der Unioun selwer. Vun den 170 sinn - menger Informatioun no - bis elo 113 Milliarde vun de grousse Länner geplangt, wat zwëschent 1 bis 1,2% vum europäesche PIB ausmécht. Munches ass dobäi fir d'Autoindustrie, fir d'Hëllefen un d'PMEen, fir Bäihëllefe fir kleng Revenuen, fir Investissementer am Wunnengsbau.

Mä nach wësse mer, dass et zwëschent Frankräich an Däitschland keen Accord gëtt, wéi staark d'öffentlech Hand agräife soll. Et kann een nëmmen hoffen, dass vum EU-Sommet dës Woch e kloert Zeeche vun enger koordinéierter a konvergenter Antikrisepolitik a ganz Europa kënnt.

Leschten Donneschdeg huet d'Europäesch Zentralbank an enger historescher Décisioun d'Zënsen am Euroraum ëm 0,75% erofgesat an domat hir Verantwortung am Kampf géint d'Wirtschaftskris geholl. Ofgesinn dovunner gesi mer, dass den Euro mat senger Stabilitéit Währungsturbulenze verhënnert an domat gehollef huet ons Wirtschaft ze stäipen.

Här President, wann een d'Entwécklung vun de leschte Woche kuckt, muss ee sech froen, wat de Sënn vun onse Budgetsdebatte soll sinn a wat esou e Budgetsprojet kann.

Eng Gewëssheet hu mer: Mir brauchen e Budgetsgesetz fir 2009.

D'Fro stellt sech, ob mer de Budgetsprojet, wéi en den 1. Oktober déposéiert gouf, un déi nei Donnéeën upasse mussen. Et ass jo keen Zweifel, dass mer anstatt e Boni vun 1% en Defizit wäerte kréien. Och wäert d'Regierung am Laf vum Joer misse Mesuren ergräifen, fir der Kris Meeschter ze ginn.

Ech mengen awer, dass mer de Budget esou loossen, wéi en déposéiert gouf.

Firwat?

Zwou Ursaache gesinn ech.

De Budget ass op der Ausgabesäit antizyklesch, well en nei a méi cibléiert Kafkraaft schaaft, well en héich Investissementer enthält.

A Frankräich diskutéiere se, ob se Schecke vun 200 Euro solle verdeele fir d'Kafkraaft ze stützen. An Däitschland freet d'SPD Ähnleches. Mir zu Lëtzebuerg brauchen dat net, well mer zejoert de Kannerbonus geschafen an de Steierbarème eng éischte Kéier ëm 6% ugepasst hunn, dëst Joer eng erhéichten Deierechtzoulag virgesinn, dat heescht fir 2009 Fräibeträg a Steierkreditter ëmänneren an d'Akommessteier erofsetzen a Chèques-services fir d'Kanner aféieren. Dat mécht, Här President, eng hallef Milliard nei Kafkraaft, méi Kafkraaft fir 2009, prezis cibléiert fir déi Leit a Familljen, déi se am meeschte brauchen.

Soll ee bei de Recettë vun 2009 eppes änneren? Kee weess genee wat. Ech hunn hei nach keng prezis Propositioun dofir gehéiert. En drastescht Erofsetze vun de Recetten hätt fir d'éischt emol eng negativ Signalwierkung.

Dobäi soe mer, dass mer bereet sinn, en Defizit mat a Kaf ze huelen.

Brauche mer e Budget rectifié? Ech gesinn dat héchstens fir den Hierscht, wéi dat iwwregens regelméisseg jo och an de Gemenge gemaach gëtt, wa se hire Projet vun deem Joer duerno virleeën.

Wat allerdéngs komme muss, wann d'Schätzungen net fiabel sinn, dat ass de permanente Suivi vun der Autorité budgétaire, dat heescht vum Parlament, duerch regelméisseg a prezis Informatiounen iwwert d'Evolutioun vun de Recetten, vun den uerdentlechen Dépensen an och vun den Engagementer bei den Investissementer.

Nëmmen esou kann d'Transparenz vun den öffentleche Finanze garantéiert ginn. Nëmmen esou kann de Leit dobausse kloere Wäin ageschëtt ginn. Mir brauchen dobäi weder Schönfärberei nach Demagogie, mir brauchen Éierlechkeet a Kloerheet iwwert d'tatsächlech Situatioun.

Här President, nach e Wuert zur Commission spéciale, déi mer ons gestëmmt hunn. Ech war eigentlech net waarm derfir, well mer domat déi normal Aktivitéit vun de Chamberskommissiounen um budgetären a wirtschaftleche Gebitt court-circuitéieren.

Wat sollen nun d'Missioune vun där Commission spéciale sinn?

Et ass sécher fir e Maximum vun Informatioun ze sammelen, ze analyséieren a Konklusiounen ze zéien. Doriwwer eraus muss déi Aarbecht sech als Zil ginn, Virschléi ze maachen, fir d'Kris ze bekämpfen.

Fir d'LSAP kënnen déi Virschléi nëmme si fir d'Zukunft ze preparéieren, fir also nei Perspektive fir dëst Land opzemaachen, zum Beispill ons Schoul an d'Déift ze renovéieren, ons Fuerschung an ons Uni auszebauen, nei Aktivitéiten zu Lëtzebuerg ze développéieren, ons Mobilitéit ze verbesseren, ons fir ons Ëmwelt ze suergen oder ons Energieversuergung ofzesécheren.

Eng aner Fro betrëfft d'Roll vun der Chamber, wann am Januar eng national Tripartite zesummekënnt. D'Chamber akzeptéiert net, nëmmen nozekucken, wann an deem Gremium wichteg Décisioune géife falen.

Wann déi Tripartite allerdéngs eng Bestandsopnahm vun der wirtschaftlecher a sozialer Situatioun mécht, geschitt dat natierlech duerch den Échange zwëschent der Regierung an de Sozialpartner. D'Chamber muss op jidde Fall dann op deemselwechte Wëssensstand sinn.

Wann awer net nëmmen Informatiounen échangéiert ginn, wann Décisiounen ausgeschafft ginn, déi herno a Form vu Gesetz gekleet musse ginn, da kann ech mer net virstellen, besonnesch net an dëser Situatioun wou mer sinn, dass d'Chamber net dobäi matschwätzt, éier déi Gesetzer an d'Chamber kommen, dat heescht éier déi Gesetzer politesch ofgeseent sinn.

Här President, um wirtschaftleche Plang heescht et, fir d'éischt d'Kris duerchzestoen. Dobäi ass Solidaritéit gefuerdert, besonnesch mat deenen Arbeitnehmer, déi duerch déi wirtschaftlech Konjunktur direkt betraff sinn, déi hir Aarbecht oder e Stéck vun hirem Akommes verléieren, also hire Liewensniveau erofsetze mussen. Dobäi musse mer onse ganzen Arsenal géint de Chômage, fir de Maintien dans l'emploi, fir Kuerzaarbecht, bref alles dat, wat mer an de leschte Jorzéngten opgebaut hunn, fir d'Solidaritéit mat de schaffende Leit vun onser Gesellschaft ze realiséieren, asetzen.

Da muss déi antizyklesch Politik, déi vum Stat, de Gemengen an den Établissements publics gemaach ka ginn, effikass sinn. Wann de Stat esou eng Politik mécht, sollen och d'Gemenge matmaachen. Dann ass et kontraproduktiv, wann den Innenminister d'Gemenge warnt, nëmme keng Schold ze maachen.

De Statsminister an de Budgetsminister hunn d'lescht Woch hei probéiert déi antizyklesch Politik ze cibléieren. Engersäits sollen Investissementer, déi schonn décidéiert sinn, virgezu ginn. Anerersäits solle besonnesch där Investissementer direkt décidéiert ginn, déi klengen a mëttlere Betriber aus dem Land zoukommen, am Bau, an der Renovatioun, an de Reparaturen.

De Budgetsminister huet d'lescht Woch hei an Aussiicht gestallt, dass Enn 2008 mat engem zolitten Iwwerschoss an de Recettë vun 2008 ze rechnen ass. Hien huet keng Zuel genannt. D'Cour des Comptes schwätzt an hirem Budgetsbericht vu 600 Milliounen. En Deel dovunner, huet de Budgetsminister gesot, sollen direkt fir Investissementer nach elo am Dezember agesat ginn. D'Chamber ass natierlech interesséiert ze wëssen, wéi a wou a wéini dat geschitt.

Aner Investissementer am Héich- an am Déifbau kënne wuel net esou virgezu ginn. Mir hu schrecklech laang Prozeduren. Mir brauche fir eng Schoul ze bauen, eng zolidd Schoul ze bauen, aacht Joer, am Duerchschnëtt. Wann een awer gesäit, wéi schnell mer eng Verfassungsreform fäerdeg bréngen, muss ee sech iwwerleeën, ob een net en ähnlechen - ech gebrauchen dat englescht Wuert, ech fannen dat e flott Wuert - „fast track" fir wirtschaftspolitesch Agréff iwwert d'Investissementer an enger schwiereger Zäit siche sollt.

En „fast track", ech fannen dat e flott Wuert, well et wierklech genee seet, wat ee wëllt, wann d'Prozeduren ze laang sinn. Dat ass an Europa probéiert ginn, den Här Frieden weess dat, an de Finanzregelen, an ech mengen, an esou enger Situatioun, wéi mer hei sinn, solle mer - an ech si frou, dass den Här Minister Wiseler dat mathéiert - ons emol vläicht Gedanken doriwwer maachen, fir ze kucken, wat een do ka maachen. Wann déi Investissementer da méi schnell drukommen, musse se natierlech och züge realiséiert ginn.

Ech froen d'Regierung ganz konkret, Här President, ob se déi Investissementer, déi virgezu solle ginn a vun deene jo scho geschwat ginn ass, scho bestëmmt huet. Munches ass jo scho vun der Chamber décidéiert, sief et als Erlaabnis fir en Avantprojet auszeschaffen, sief et iwwer e fäerdeg ofgestëmmte Projet. Wa mer ons antizyklesch Investissementspolitik schnell ulafe wëlle loossen, misst d'Viraarbecht dozou eigentlech och direkt ulafen, a mir wësse jo, dass et vill Gebidder gëtt, wou mer ze schaffen hunn, ob dat den öffentlechen Transport ass, ob et de Logement ass selbstverständlech, ob et d'Uni ass, besonnesch déi Gebaier op Belval, déi mer fir d'Uni brauchen, ob et an der Kultur oder och am Sport ass.

Wesentlech ass och, Här President, dass d'Regierung sech mat de Gemenge koordinéiert, dat heescht, dass d'Investitiounstätegkeet vun der öffentlecher Hand insgesamt openeen ofgestëmmt gëtt. Ech mengen, do muss e gemeinsame Wëlle bestoen, op jidde Fall zwëschent deene grousse Gemengen an der Regierung, fir op dee Wee ze goen.

Här President, et besteet d'Bereetschaft, 2009 en Defizit a Kaf ze huelen. Mir si prett, déi sougenannt Stabilisateurs automatiques anzesetzen, dat heescht, ons net zu Doud ze spueren. Dobäi si mer ons jo wuel eens, dass mer keng Schold ophuelen, fir ordinär Dépensen ze decken, mä nëmme fir Investissementer. Dat heescht, dass mer déi ordinär Dépensen am Grëff hale mussen, dat heescht, dass Stat a Gemengen an Établissements publics méi produktiv a méi effikass musse schaffen. Och dat ka fir nei Investissementer vu baussen e wichtege Standuertvirdeel fir Lëtzebuerg sinn.

D'Maîtrise vun den uerdentlechen öffentlechen Ausgaben hänkt enk zesumme mat deem, wat mer säit e puer Joer, a besonnesch säit dem Roger Negri sengem Budgetsrapport vun 2006, hei diskutéieren, nämlech eng Opstellung vun den öffentleche Finanzen, déi net eng Opstellung no Ministèren a Verwaltungen ass, mä no Ziler, déi d'öffentlech Hand sech setzt.

Dat gëtt et iwwregens schonn an onsem Stat. Ech denken un d'Contrats de performance an der Recherche. Dat ass genee dat. Ech denken un d'Kreditter fir d'Uni, déi un engem Véierjoresplang hänken, an och un enger Evaluatioun duerno. Dat heescht, am Virfeld, wann d'Uni Sue kritt, muss se e Véierjoresplang weisen, an herno, wann deen eriwwer ass, muss evaluéiert ginn, wat geschitt ass.

Ech denken och un d'Kreditter fir d'Établissements publics an d'Fondatiounen, déi net fir eng Verwaltung bestëmmt sinn, mä fir prezis Zilsetzungen. Dat dréckt sech och op engem anere Plang aus, an der Autonomie, déi mer de Schoule ginn, an der Gestion séparée, déi mer zum Beispill de Muséeën zougestinn. D'Iddi ass iwwerall do, öffentlech Gelder u méi oder wéineger prezis Objektiver ze bannen.

Wa mer da vu Performance schwätzen, dann heescht dat net Profitdenken, mä dann heescht dat, besser öffentlech Déngschter, méiglechst kuerz Weeër, méi Produktivitéit an den öffentlechen Déngschter, manner Bürokratie. Och hei ass an dëser Regierungszäit munches geschitt, an d'Informatik mécht och villes méiglech.

Ech denken un déi sougenannt Guichets uniques, wou all Formalitéiten zesummen erleedegt kënne ginn. D'Signature électronique mécht déi elektronesch Kommunikatioun mat ville Verwaltunge méiglech. Mir hunn d'nächst Woch hei e Projet op der Dagesuerdnung, fir d'Zesummenaarbecht zwëschent de Finanzverwaltungen ze verbesseren, woubäi ech mech perséinlech nach ëmmer froen, firwat mer dräi Verwaltunge brauchen, amplaz nëmmen eng.

Ech bedaueren, Här President, dass mer nach ëmmer net systematesch op dee Wee vu méi Rationalitéit ginn. Dat gëtt a mengen Aen ëmsou méi noutwendeg, wéi de Stat- a Gemengenapparat, nieft Établissements publics an ähnleche Gebilden, sech ëmmer weider ausdehnt. Et ass jo e wäit verbreete Glawen an dësem Land, dass all Kéier, wann en neie Problem entsteet, dofir eng nei Verwaltung, eng nei Struktur, op d'mannst e Comité mat engem Sekretariat entsteet, an da wär de Problem wéinstens schonn zur Halschent geléist.

Dat markantst Beispill aus der rezenter politescher Geschicht vu Lëtzebuerg ass fir mech de viel gepriesene Schouldirekter, vun deem en etlech heibannen an dobausse mengen, dee géif all déi Problemer ès fonctions léisen, déi mer an der Schoul hunn. A well dee Glawen an d'Verwaltung esou déif ass, mussen op d'mannst all deenen alen an neien Organismen d'Zilsetzunge vu Performance virgeschriwwe ginn an déi Performance dann och regelméisseg evaluéiert ginn. Och dat ass a Krisenzäite wichteg, dass een déi Suen, déi een huet, zweemol ëmdréint ier ee se ausgëtt.

Här President, kee weess haut, ob elo d'Kris méi oder wéineger laang dauert. Jiddwereen hofft insgeheim, dass se kuerz gëtt an alles wéi bis elo virugeet. Dat ass mënschlech an ze verstoen. Mä et héiert een och de Sproch, d'Kris kënnt eng Chance sinn. Wat kann dat heeschen?

Fir mech geet et net duer, sech kuerzfristeg op d'Kris anzestellen. Lëtzebuerg huet säit de 60er Jore mat engem Wirtschaftsmodell gelieft, deen extrem gutt fonctionnéiert huet. Engersäits mat Investissementer, déi ons vu bausse bruecht goufen, zum Beispill an der Industrie. Déi ware fir den europäesche Bannemaart bestëmmt, dofir si se bei ons komm. Ons zentral Situatioun an Europa, gekoppelt mat materiellen Incitatiounen um Plang vun de Steieren an de Soziallaaschten, huet déi Investissementer gefördert.

Anerersäits hu mer Créneauen am Finanzsecteur fonnt, déi mer ons duerch eng liberal Législatioun an duerch d'Ausnotze vu reglementareschen a fiskaleschen Avantagen ausgebaut hunn. Dobäi koumen am Laf vun der Zäit interessant nei Initiativen am Kommunikatiounswiesen, wéi zum Beispill mat der Satelittegesellschaft SES. Dat war en éierbaart an erfollegräicht Rezept fir ons Wirtschaft ze entwéckelen, bei deem och vill Auslänner ons matgehollef hunn.

Et muss ee sech froen, ob dat Rezept haut nach duergeet. En Haaptproblem dovunner ass, dass et extrem ofhängeg vun der internationaler Konjunktur a Konkurrenz ass. Vill Industriebetriber, déi direkt oder indirekt Zoulieferante vun der Automobilindustrie sinn, plus dat Transportwiesen, wat ee brauch, sinn, ouni hir Schold an obscho se héich performant an héich produktiv sinn, direkt an d'Kris geschliddert, wéi d'Automobilindustrie dorëmmer an der Welt a Schwieregkeete koum.

De Finanzsecteur als Déngschtleeschtungsbetrib ass och e Créneau, deen enger weltwäiter Konkurrenz ausgesat ass. Ech wëll net soen, dass den Entwécklungsmodell vun de leschte Jorzéngten eriwwer ass. Mä ech mengen, Lëtzebuerg misst fir sech e Modell mat anere Standbeener ausdenken, déi manner ofhängeg vun der internationaler Konjunktur sinn.

An dëser Legislatur ass vill fir d'erneierbar Energië geschitt. De Projet vun der biomedezinescher Fuerschung gehéiert och dozou. Den Ausbau vun enger Fuerschungsuniversitéit gëtt ons den intellektuelle Potenzial, fir nei Weeër ze goen. Zu deem Modell gehéiert bestëmmt de Secteur vun de klengen a mëttlere Betriber, well en trotz der Kris stabil bleift an interessant Aarbechtsplaze bitt. Déi Plaze si méi stabil wéi an enger globaler Entreprise, wou d'Strategie no reng finanzielle Kritären an iergendengem Headquarter ouni Rücksicht op lokal Donnéeë festgeluecht gëtt.

Dat neit Gesetz iwwert d'Beruffsausbildung kënnt deem Secteur entgéint. Ech hu viru kuerzem mat Vertrieder vun der Fédération des travailleurs indépendants geschwat, déi vill héich qualifizéiert an héich produktiv onofhängeg kleng Betriber vertrëtt. Si produzéieren eng héich Valeur ajoutée, bidde stabil Plazen an hu vill Potenzial och fir den Export. Esou e Secteur verdéngt ons ganz Opmierksamkeet.

Dat geet net ouni voll Ausnotzung vun den intellektuelle Fäegkeete vun de Kanner a jonke Leit an onsem Land. D'Schoulreformen, déi elo kuerz virum Ofschloss sinn, mussen all eenzelnem Kand seng Fäegkeete förderen. Matière grise däerf keng méi verluer ginn. Échecë musse verhënnert ginn.

An de CAPe wéi an der Uni a Fuerschungszentren entstinn nei Perspektive fir innovativ kleng Betriber. D'Hëllef fir sougenannt Start-ups gëtt et. D'Fuerschung gëtt vun der Regierung massiv ënnerstëtzt. D'Uni kritt all déi Suen, déi se brauch. Et ass ze hoffen, dass a Krisenzäiten esou d'Méiglechkeete voll ausgenotzt ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Enk domat zesummen hänkt och de kulturelle Secteur. Engersäits entstinn do vill interessant spezialiséiert Aarbechtsplazen, déi besonnesch jonk Leit unzéien. Kulturell Animatioun wéi Produktioun hunn eng sozial Funktioun fir d'Kohesioun vun der Gesellschaft. Si hunn och eng wirtschaftlech Funktioun. Anerersäits schaaft d'kulturell Kreatioun e Klima fir Innovatioun an Originalitéit.

D'Kreatioun ass fir mech op deemselwechten Niveau wéi d'wëssenschaftlech Recherche, wann et dorëm geet, eng Gesellschaft nei opzemëschen. Wann d'Zäit vun de schnellen a liichte Profitter eriwwer ass, kann eng nei a spannend Zäit ugoen. Si ass vläicht méi ustrengend, mä och méi originell a méi interessant.

Duerfir hunn ech perséinlech dee Pacte culturel mat ënnerschriwwen, deen eng Partie Animateuren aus dem Kulturliewe virgeschloen hunn, well en d'Richtung fir eng nei Gesellschaft vu Wëssen a vu Kultur weist. Kreatioun an Innovatioun muss een op alle Pläng erëmfannen. Dat gëllt fir d'Schoul, fir d'Betriber, fir d'öffentlech Servicer.

Ech sinn iwwerzeegt, dass mer zu Lëtzebuerg duerch ons Oppenheet, duerch de Kulturaustausch, duerch déi vill Kontaktméiglechkeete mam Ausland, duerch onse Sproochepotenzial riseg Méiglechkeeten hunn. Ech géif mer wënschen, dass dës strategesch Dimensioun endlech seriö a Betracht gezu gëtt.

Här President, d'LSAP dréit d'Politik vun der Regierung, fir déi schwiereg Kris ze meeschteren. Si stëmmt de Budget 2009 esou, wéi e virgeluecht gouf. Ons dreift fir d'éischt d'Suerg, fir de Leit, déi géint Loun schaffen, ze hëllefen, wa se an der dramatescher Situatioun vu Chômage oder Kuerzaarbecht sinn.

Ons Suerg ass och, der Ekonomie nei Perspektiven zu Lëtzebuerg mat cibléierten Investissementer opzemaachen. Mir wëllen onse Stat esou opstellen, dass en de Mënschen all Hëllef a Solidaritéit bitt, déi se an der Krisenzäit brauchen. A mir wëllen d'Zukunft vum Land preparéieren duerch all déi Reformen, déi mer um soziale Plang, an der Schoul, an der Kultur, an der Fuerschung ugepaakt hunn an amgaang sinn ofzeschléissen.

Mir hunn e gudde Grond, mir hunn eng gutt Ausgangsbasis, fir d'Kris ze meeschteren, a si staark genuch, fir an der Zukunft gutt erauszekommen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Bausch agedroen. Duerno wäerte mer mat eisen Aarbechten ophalen a muer de Moie virufueren.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och vu menger Fraktioun aus dem Här Haupert soen, datt en eis dëst Joer e bësse leed gedoen huet. An dat aus zwee Grënn. Den éischte Grond ass, datt et extrem schwiereg war, déi Aarbecht, déi vill Aarbecht, déi e gemaach huet bannent deene leschte Méint, ze maachen, wann d'Zuele quasi all Dag änneren.

An zweetens huet en dann och nach - loosse mer soen - dat trauregt Schicksal erlidden, wéi e seng vill Aarbecht fäerdeg hat, datt eigentlech duerch extraterrestresch Ëmstänn - loosse mer et emol esou ausdrécken - du seng Aarbecht e bëssen ënnergaang ass a buede gaangen ass an aneren Evenementer. Mä dat ännert näischt dorun, datt mer him wëlle félicitéiere fir seng Aarbecht a fir seng Gedold, déi en hat, fir d'Nerven ze behalen an deene leschte Méint. A mir sinn och frou, datt mer kënnen iwwer säi Rapport diskutéieren, dee wéi ëmmer all Budgetsrapport jo am Fong eng Grondbasis soll sinn, eng Analys, déi gemaach gëtt, opgrond vun där mer hei diskutéieren, sou datt mer dat och kënne maachen.

Här President, ech hat gesot, wéi de Budget déposéiert ginn ass am Oktober, datt ech der Iwwerzeegung wär - dat war meng éischt Reaktioun bei der Press -, datt dat heiten déi spannendst Budgetsdebatten zënter Jorzéngte géife ginn an dësem Parlament. Ech mengen, ech hu Recht behalen, well si si spannend ginn, net nëmmen, well d'Zuelen andauernd geännert gi sinn oder hu misse geännert ginn, mä och virun allem, well eigentlech iwwert dee Budget hei oder iwwert déi Budgetsdebatten hei jiddweree sech muss positionéieren net nëmme par rapport zu deenen Zuelen, déi hei drastinn, mä par rapport zu der Zukunft vun dësem Land, respektiv musse mer hei eng Diskussioun féieren, déi eigentlech wäit iwwert dat Joer 2009 erausgeet oder muss goen.

Mir wëssen et all an och kee vun der Majoritéit bestreit et méi hei - egal ob ee fir oder géint de Budget wäert stëmmen -, datt mir eigentlech hei e virtuelle Budget diskutéieren. Kee weess, wéi et um Enn vum Joer 2009 wäert ausgesinn, wéi héich den Defizit vum Budget wäert sinn. Datt et ee wäert ginn, ech mengen, dat ass wahrscheinlech deen eenzege Punkt, wou mer alleguerten heibanne wäerten eens sinn, mä wou mer genau wäerte landen, wësse mer am Moment nach net.

Wa mer duerfir iwwer e virtuelle Budget hei diskutéieren an deen och leider mussen zur Ofstëmmung virgeluecht kréien, da kënnt et desto méi dorop un, datt een e Bléck werft iwwert d'Joer 2009 eraus, well déi eigentlech Schwieregkeete wäerte mer mat Sécherheet finanztechnesch an och wirtschaftlech gesinn net kréien am Laf vum Joer 2009, mä virun allem déi Joren duerno.

Et gëtt duerfir eng Debatt iwwert d'Zukunft vum Land, an déi muss een eigentlech ufänken, andeem een emol erëm eng Kéier analyséiert, wat wirtschaftleche Wuesstum ass. Ech hunn dat scho méi wéi eng Kéier hei op der Tribün versicht, bis elo ëmmer mat ganz wéineg Erfolleg.

Wat ass eigentlech wirtschaftleche Wuesstum? Wat ass héije Wuesstum? Wat ass e mëttlere Wuesstum? Wat ass kee Wuesstum méi?

Dat ass jo och eng semantesch Diskussioun, déi elo entbrannt ass, ob - 0,5% Rezessioun ass oder + 0,5 och scho Rezessioun ass oder net. Ech mengen, dat ass och net ganz relevant. Et ass méi wichteg, datt een emol eng Kéier erëm d'Auere richteg dréint an einfach seet, wat eigentlech e gudde Wuesstum ass an e mëttlere Wuesstum ass.

Ech hunn dat scho méi wéi eng Kéier hei gemaach. Wéi gesot mat wéineg Succès. Et ass bal ëmmer hei vun alle Bänken - mat Ausnahm vun der grénger Bänk, géif ech soen - geschwat ginn, datt Wuesstumszuele vu 4, 4,5; 5; 6% fir Lëtzebuerg d'Norm wären. Eigentlech wär 4% fir eis schonn de Minimum - esou hu mer ëmmer geschwat. An duerfir wär Lëtzebuerg nëmme gutt positionéiert, wa mer 5, 6, 7% Wuesstum hätten.

Ech hunn dat ëmmer contestéiert. Ech hunn ëmmer gesot, 4% ass schonn eigentlech e ganz héije Wuesstum. Wann ee sech d'Moyenne, europäesch gesinn, ukuckt, wat aner Länner hunn, da sinn déi scho méi wéi zefridden, wa se bei 2, 2,5; 3% Wuesstum leien, da fanne se dat schonn eng ganz beneidenswäert Situatioun.

Wann ech elo kucken, wat eis passéiert ass respektiv wäert passéieren, da stelle mer net nëmme fest, datt mer effektiv hei zu Lëtzebuerg e bëssen de Buedem ënnert de Féiss verluer haten, wa mer iwwer wirtschaftleche Wuesstum diskutéiert hunn, mä da stelle mer och dat fest, wat ech schonn e puermol versicht hunn, hei ze erklären an deene leschte Joeren, virun allem och nom Platze vun der Bulle Internet 2001: Datt besonnesch Lëtzebuerg deen iwwerméissege Wuesstum, deen et kennt, ganz séier lass ass, a souguer riskéiert ënnert d'Norm ze fale vun allen anere Länner, wou et och schlecht geet, duerch déi Ofhängegkeet, déi mer hu vum Finanzsecteur. Dat heescht duerch déi Verletzbarkeet, déi mer dann hunn doduerjer, datt mer vun deem eenzege Secteur ofhängeg sinn.

Wann ech elo d'Pronosticë kucke vun der OECD fir d'nächst Joer an d'iwwernächst Joer, da stelle mer fest, datt fir de Musterschüler Lëtzebuerg d'OECD eis elo e Minus vun 0,5 prognostizéiert. De Statec seet, et gëtt tëschent - 0,5 a + 0,5%. Wéi gesot, dat ass net relevant, mä kommt mir ginn emol vun den Zuele vun der OECD aus: - 0,5% Wuesstum. Frankräich kritt - 0,4% virausgesot, an d'Belsch, eisen direkten Noper hei, - 0,1%.

Dat heescht, wat ass geschitt? Lëtzebuerg, dat an der Regel, wann et boomt, ganz uewe steet, fält, wann et eescht gëtt, wann et bis richteg schlecht geet, direkt ganz déif erof.

Wann ech elo hannert dem Komma déi 0,5 oder - 0,5 oder - 0,4 oder - 0,1 kucken, da sinn déi Zuelen hannert dem Komma par rapport zu deene vun eisen Noperen net relevant, mä wat relevant ass, dat ass, vu wou mer hierkommen. Nämlech vun engem Wuesstum virdrun, dee bei 5 a 6% louch, stierze mer of op e Minuswuesstum, deen dann direkt méi héich ass wéi den Nopeschlänner hiren. An déi aner, déi fale vu + 1,2 + 2 op e klenge Minus. Dat heescht, de Verloscht fir Lëtzebuerg an och fir d'Lëtzebuerger Finanzen ass eigentlech fir eis bedeitend méi grouss.

Et ass wichteg, datt ee sech dat virun Ae féiert, wann ee wëllt diskutéieren iwwert eise Budget an och iwwert de Budget vun den nächste Joren. Well wat relativ kloer ass - och, wa mer all hoffen, datt mer no där Talfahrt, déi de Moment amgaang ass, iergendwann eng Kéier ënnen ukommen an datt deen Niveau ënnen net allze laang unhält, datt mer séier d'Kéier kréien, fir erëm eropzekommen -, dat ass, datt et sécherlech esou wäert sinn, datt duerch déi Dramatik, déi dës Kris huet, an och virun allem duerch de Secteur, deen dovunner betraff ass, nämlech de Finanzsecteur mat all deem, wat hannendru wäert komme vun neie Reglementatiounen um internationale Plang, fir esou Krisen an Zukunft ze évitéieren, mer Nische wäerte verléieren hei zu Lëtzebuerg, Souveränitéitsnischen, vun deene mer bis haut profitéiert hunn.

Da wäert et relativ kloer sinn, datt mer eis mussen dorop astellen, datt déi fantastesch Zuelen, déi mer haten tëschent 1996 an 2007 mat där klenger Ënnerbriechung 2002 bis 2004, net méi esou séier wäerten erreecht ginn. Dat heescht, datt mer zréckgestuuft ginn op eigentlech en normaalt Mooss vu Wuesstum, wat een als gudde Wuesstum da bezeechent, wann d'Konjunktur erëm eng Kéier wäert unzéien. Dee Wuesstum wäert dann éischter och zu Lëtzebuerg tëschent 1 a beschtefalls 4% leien, wann et da ganz gutt dosteet.

Dat huet awer ganz vill Inzidenzen op eis Statsfinanzen an op verschidde Beräicher vun eiser Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg. Ech kommen herno op verschidden Aspekter dovunner zréck.

En zweete Volet, deen ee muss berücksichtegen an deen eis ganz vill Suerge mécht, well en de Moment an der Diskussioun quasi verschwonnen ass, dat ass d'Problematik vun der Energieknappheet, haaptsächlech vun der Knappheet vun de fossilen Energieträger.

D'Inflatioun ass zwar carrément vun engem ganz héijen Niveau op e ganz déiwen erofgepurzelt, an doriwwer si mer alleguerten happy. Dat huet och dann der Europäescher Zentralbank et erlaabt, relativ séier ganz, ganz substanziell Zënsbaissë virzehuelen, well d'Suerg vun der Inflatioun net méi do ass.

Firwat ass dat geschitt? Firwat ass d'Inflatioun esou rapid erofgaangen?

Mä et ass ganz einfach: Si ass esou rapid erofgaang, well d'Energiepräisser ëm ronn 70% bannent dräi Méint an de Keller gaange sinn. An un den Energiepräisser hänke jo ganz vill aner Saachen drun, wéi d'Liewensmëttelpräisser an e ganze Koup aner Saachen. Haaptsächlech handelt et sech natierlech ëm de Pëtrolspräis, dee vum Summer bis elo ëm ronn 70% gefall ass.

Elo si mer wéi gesot alleguerten doriwwer happy, mä mir mussen awer och gesinn, datt dat doten eng ganz geféierlech Situatioun ass, well eigentlech ass de Pëtrolsmarché de Moment symptomatesch dofir, wéi d'Bourssë fonctionnéieren a wéi eng falsch Signaler se entre-temps ginn, dat heescht, wéi d'Bourssë Signaler ginn, déi eigentlech mat der reeller Ekonomie nëmme ganz kuerzfristeg méi eppes ze dinn hunn, an eigentlech mëttel- oder laangfristeg Considératiounen an de Bourssëvaleuren - loosse mer esou soen: net Präisser, mä Valeuren - net méi berücksichtegt sinn. Dat hu mer festgestallt bei de Produits financiers. Duerfir hu mer jo och do esou eng op de Bak kritt, wéi et bis schifgaang ass, well e ganze Koup Saache mega iwwerbewäert gi sinn.

Da stelle mer awer elo fest, bei der Realekonomie, datt muttwëlleg e ganze Koup ekonomesch Secteuren, déi eigentlech guer net an enger Kris sinn, wou och Ofsazmäert waren, duerno mat an de Keller gerappt gi sinn. Dat stelle mer och virun allem hei fest bei de Pëtrolspräisser, wou trotz dem Fait, datt all international Experten entre-temps

confirméieren, datt mer beim Pëtrol op dem Punkt ukomm sinn, datt déi maximal Fördermengen 2006, 2007 erreecht gi waren, dat heescht, wou mer op de Wee ginn, datt dat eng Ressource rare gëtt. A wann ee seet Ressources rares, dann ass et eng, déi normalerweis misst als Signal hunn op dem Marché, datt se éischter méi deier gëtt.

Hei gi mer e ganz falscht Signal, well do ausschliesslech kuerzfristeg iwwerluecht gëtt am Sënn, d'Konjunktur ass ofgebremst, an doduerjer gëtt manner Pëtrol kuerzfristeg gebraucht, an da geet de Präis iwwerdimensionéiert an de Keller erof.

Donc, wat geschitt? Oder wat wäert geschéien, wann dat geschitt, wat mer alleguerten hoffen, nämlech, datt d'Konjunktur erëm unzitt?

Da wäert Der gesinn, datt déi Präisser, déi elo e Rekordniveau no ënnen erreecht hunn, genausou séier wäerten erëm uewe sinn, wéi se erofgefall sinn. Elo huet dat als Konsequenz - de Statec huet selwer Mechanismen, déi dat kënne berechnen -, datt e gudden Deel vun der Croissance, déi ee kritt, awer erëm, wann d'Energiepräisser esou klamme wéi dat doten op ee Coup, direkt duerch déi méi héich Energiepräisser erëm opgefriess gëtt.

Dat Zweet ass natierlech, datt dann d'Inflatioun genausou séier wäert erëm e Schub kréien no uewen a mer dann an en Däiwelskrees erageroden, wou d'Europäesch Zentralbank an iwwerhaapt d'Zentralbanken an eng schwiereg Situatioun geroden, well se sech dann erëm musse méi op de Kampf géint d'Inflatioun konzentréieren. Doduerjer misste se d'Zënssätz eigentlech erëm hiewen. Si kënne se awer net hiewe goen, well se dann erëm soss jo dat am Keim erstécken, wat se wëlle bewierke mat der Zënsbaisse, déi se de Moment virgeholl hunn.

Dat heescht, mir sinn duerch déi Ofhängegkeet vun de fossilen Energieträger a well mer eng Ekonomie hunn, déi total dorop baséiert, an deem Däiwelskrees, virun deem mir als Gréng zënter Laangem warnen. An et gëtt net einfach, doraus erauszekommen. Et gëtt awer Weeër, fir doraus erauszekommen. Mä et gëtt net einfach.

Mä de Fait ass, datt bei deene Krisendiskussiounen, déi de Moment gefouert ginn, déi dote Problematik ignoréiert gëtt. Zum Beispill ass eng Warnung nach virun dräi Woche komm vun der Internationaler Energieagentur. Dat ass jo eng Instanz, déi net onbedéngt am Verdacht steet, datt se besonnesch kritesch ass par rapport zu de fossilen Energieträger, well si huet oft éischter Gefällegkeetsgutachte gemaach a Richtung vun der Pëtrolsindustrie. Déi Agentur huet eng schäerfste Warnung erausgi virun dräi Woche par rapport zu deem dote Phenomeen. Dat gëtt einfach magistralement ignoréiert a schéngt eigentlech hei de Moment keen esou richteg ze interesséieren.

D'Geforen, déi sech awer hannendru verstoppen, si bäi Wäitem méi grouss - behaapten ech - wéi d'Geforen, déi bei der Finanzkris hannendru waren, well dat hei ass eng Dynamik, déi net einfach an de Gréff ze kréien ass duerch kuerzfristeg Aktiounen, déi mer kënnen ënnerhuelen, wéi elo bei der Finanzkris. Hei muss ee laangfristeg usetzen, fir Léisungen an d'Weeër ze leeden. A si kënnen eigentlech nëmmen an d'Richtung goen, datt mer eng Kéier op de Punkt kommen, datt mer vun där Ofhängegkeet vun eiser Ekonomie vun deenen doten Energieträger lasskommen.

Dodru koppelt sech natierlech d'Klimaproblematik. Och dozou huet deejéinegen, deen der englescher Regierung en ekonomesche Rapport gemaach huet virun zwee Joer, den Här Stern, virun dräi Wochen eng Stellungnahm erausginn, an där hien dovir gewarnt huet, datt elo am Kontext vun där Kris hei d'Klimaproblematik géif vergiess ginn.

Hien huet gesot, datt am Fong d'Finanzkris an hir Konsequenzen näischt dogéint sinn. Hien huet gesot, wa mer nach weider Zäit verléieren a waarden an elo mengen, mir missten d'Léisungsvirschléi, fir géint de Klimawandel virzegoen, op d'laang Bänk schieben an do näischt ënnerhuelen, datt dat fatal wier fir eis Ekonomie an datt dat Konsequenzen hätt, wéi gesot, déi vill méi dramatesch nach wiere wéi déi, déi aus dëser Finanzkris ervirginn.

Dat sinn alles Elementer, déi brauen e Cocktail zesummen, deen héchst geféierlech ass. Et geet mer och net hei dorëms, wann ech dat soen, fir elo Panik ze maachen oder Angscht ze maachen. Wéi gesot, et gëtt Zeenarien, fir datt mer dee Cocktail do entschäerft kréien, mä et muss een et awer haut soen, fir datt mer eis deem bewosst sinn an datt mer verstinn, datt mer déi Kris, déi vill méi déif ass, wéi mer et eigentlech mengen, op deenen eenzelnen Terrainë geschlossen a gemeinsam mussen ugoen, well nëmmen da kënne mer doraus erauskommen.

Déi ganz Zeenarien do hu ganz vill Impakter op d'öffentlech Finanzen. Ech fänken emol bei de Recetten un. Et ass jo schonn erstaunlech, datt elo op eemol erëm jiddweree vun antizyklescher Budgetspolitik schwätzt, vun antizyklescher Wirtschaftspolitik. Dee gudde Keynes, deen an de Späichere verstëbst war an deene leschte Joren, huet eng wundersame Auferstehung erlieft de Moment, iwwert déi ee wierklech nëmme ka staunen. Mir als Gréng waren nach ëmmer Unhänger vun e ganze Koup Theorien, déi den Här Keynes vertrueden huet. Mir hunn dat oft och bei de Budgetsdebatten hei gesot.

Wann ech d'Recettë kucken an elo héieren, datt gesot gëtt, dës Regierung mécht elo an dësem Budget eng antizyklesch Politik, sougutt um Niveau vun den Investitiounsaufgabe wéi de Steieren, da muss een dat emol fir d'éischt analyséieren, well et ass jo net nëmmen d'Budgetsjoer 2009, wat mer esou musse gesinn.

Dir wäert jo net mengen, datt mer déi Kris hei an d'Konsequenzen dovu mat engem Budgetsjoer wäerten ewechgewëscht kréien an d'Problemer duerno geléist sinn. Mir mussen och nach Eisen hunn, fir an d'Feier ze maachen, oder Kuelen, fir an d'Feier ze geheien, fir déi Joren duerno. An do gesäit et awer vill méi schlecht aus.

Firwat? Fir eis war et nach ëmmer esou, datt, wann ech bei de Steiere bleiwen, eng antizyklesch Steierpolitik heescht, datt, wann et gutt geet an der Gesellschaft, dat heescht, wann d'allgemeng Revenuen an der Gesellschaft souwisou héich sinn, da soll een eng Steierpolitik maachen, net am Sënn, datt mer de Leit onnëtz Suen aus der Täsch huelen, mä zumindest d'Steieren op engem gewëssenen Niveau loossen, fir datt de Stat da Recetten huet. An déi Recettë sollen net geholl ginn, fir an de Konsum ze stiechen, mä fir an d'Zukunft ze investéieren. Dat heescht, fir ze kucken, do, wou mer Strukturschwieregkeeten hunn, fir déi ze combléieren, also fir déi ze verbesseren, respektiv fir nei Investissementer ze maachen, déi eis Zukunft ofsécheren.

Wat stelle mer awer fest tëschent 1995 an 2002 an 2003 - dat ass am Fong schonn 1991, 1992 ugaangen, mä haaptsächlech tëschent 1995 an 2002 an 2003? Do ass dat doten net respektéiert ginn.

Och op den Héichpunkte vun der Konjunktur, dat heescht, wou d'Statsfinanzen natierlech héich waren, mä wou och souwisou de Wuelstand insgesamt scho ganz héich war, hu mer eng Politik bedriwwen, wou mer ganz vill Suen allgemeng verdeelt hunn, sougutt iwwert d'Transferts sociaux wéi awer och virun allem iwwert d'Steierpolitik.

Dat heescht, mir hu psychologesch gesinn, zu engem Zäitpunkt, wou et eigentlech net an deem Ausmooss néideg war, du scho vill Spillraum verginn an dee verdeelt. Et ass awer esou, datt mer dee Spillraum grad elo bräichten. Well bei der ganzer Fiskalpolitik spillt vill Psychologie mat, well mir schwätze jo och elo haut duerfir alleguer dervunner. Et wär duerfir desto méi noutwendeg, wa mer elo nach vill Spillraum hätten a mer zum Beispill net nëmmen 2009 kéinten d'Steiere senken, mä och 2010 an 2011 eventuell kéinten d'Steiere senken.

Dat schaaft eis elo awer eng ganz Rei Problemer. Dee Spillraum, dee mer nach hunn, dat ass deen, deen d'Regierung zréckgehalen huet déi lescht Joren, nämlech dee vun der Steierupassung vun der Tabell un d'Inflatioun. Déi maache mer och elo d'nächst Joer. Selbstverständlech ass déi elo d'nächst Joer berechtegt, a mir sinn och der Meenung, datt een dat soll d'nächst Joer maachen.

Mä dann hu mer eise Spillraum scho plus ou moins aus der Hand ginn, well wann ech op där anerer Säit kucken, wat fir eng Chargen de Budget huet a wat mer jo alles wëlle maachen, kann ech mer schlecht virstellen, datt mer duerno nach vill kënne maachen. Dat ass psychologesch awer e groussen Nodeel. Well et wär grad elo méi effikass, wa mer elo kéinten Zeeche setzen, fir d'Steieren ze reduzéieren an deenen nächste Joren, sief et fir physesch Persounen, sief et och fir Betriber.

Dat heescht, mir hunn am Fong - an dat ass am Fong d'Konklusioun, déi ech nach eng Kéier wëll zéien, déi hu mer scho méi wéi eng Kéier hei gezunn - a gudde Joren an dësem Land d'Finanzcapacitéit vum Stat relativ staark erofgesat. An duerch de Fait, datt mer a gudde Jore schonn d'Finanzcapacitéit relativ staark erofgesat hunn, bleift eis natierlech elo manner Spillraum. Ech wëll net soe keen, mä vill manner Spillraum an Zäiten, wou mer e besonnesch brauchen.

Mir hunn ëmmer erkläert kritt déi Zäit: Dat kënne mer maachen, well Dir wäert gesinn, duerch dat, wat mer do maachen doduerch, datt mer d'Ekonomie ganz schnell ukuerbelen, wäerte mer herno méi eng héich Recetten hu wéi virdrun, well de Wuesstum, deen dann duerno erëmkënnt an dee méi héich wäert si wéi dee virdrun, dee wäert eis dat an de Recetten erëm kompenséieren.

Ech hunn ëmmer gesot, dat ass richteg bei kuerzen Abréch. Mä wa mer eng Kéier an eng Phas kommen, wou mer eng Wirtschaftskris kréien, déi méi laang wäert undaueren, geet dat net. An dat hei wäert eng laang Kris ginn.

Mir kënnen eis hei elo esou vill virmaachen, wéi mer wëllen. Et ka selbstverständlech kee soen, wéi laang datt dat dauert a wéi schlëmm et wäert ginn, mä d'Kris wäert sécherlech méi laang daueren. Et brauch ee jo awer nëmmen e bëssen ze kucken, wat ronderëm eis geschitt. Dann ass et relativ kloer, datt déi Iwwerleeung net méi wäert wouer sinn, an da wäerte mer bei de Recetten net nëmmen een oder zwee Joer, mä wahrscheinlech éischter dräi, véier oder souguer fënnef Joer, vläicht souguer méi Joren - jee nodeem wéi laang et dauert, dat wësse mer net -, Lächer an de Budget kréien, an da wäert et schwiereg ginn, eng Rei Saachen ze finanzéieren.

Elo kënnt nach eppes derbäi, wat de Budgetsrapporteur jo och gutt analyséiert a sengem Rapport. An engem ganze Kapitel beschäftegt hie sech vill - an zu Recht dëst Joer, fannen ech - mat der öffentlecher Schold engersäits, a mat den Avoiren an den Investissementsfongen anerersäits.

Hie stellt éischtens emol fest, datt d'öffentlech Schold natierlech zu Lëtzebuerg nach niddreg ass, do, wou mer elo starten. Mir louche bis elo Enn 2008 bei 7% vum PIB. Mir verduebelen dat awer elo emol schonn d'nächst Joer duerch déi Rettungsaktiounen, déi mer à ce stade musse maachen, haaptsächlech bei de Banken. Doduerch gi mer vu 7 op 14% d'nächst Joer erop.

An da kënnt awer en anere Facteur derbäi, dat ass deen, wou hie seet, datt een dat natierlech muss gekoppelt kucke mat den Investitiounsausgaben, déi mer wëllen tätegen déi nächst Joren. Mir wëllen eng ganz Rei Saachen nach virzéien, a bei de Reserven, déi mer an de Fongen nach hunn, musse mer wëssen, datt van deene schonn en Deel jo nëmmen do sinn, well mer schonn Emprunten décidéiert hunn an der nach eng Rei wäerte maachen.

De Rapporteur versicht erauszefannen, wou mer do wäerte landen, a kënnt zur Konklusioun, datt mer 2012 fäerdeg sinn, dat heescht, déi Suen dann opgebraucht sinn.

Da kann een natierlech elo d'Konklusioun zéien a soen, bis dohinner, tëschent 2009 an 2012, hu mer d'Kéier kritt, dann zitt alles erëm un, an da wäerte Plus-valuen an eisem Statsbudget erëm derfir suergen, datt déi Fongen erëm kënne fonctionnéieren. Dat bezweifele mir awer ganz staark.

Mä et kënnt nach en anere Punkt derbäi. An och déi Analys mécht en hei zu Recht. Hie seet, datt déi doten Zeenarien, esou wéi se de Moment am Budget stinn a wéi hie se och richteg analyséiert huet, ofhänge vun enger ganz Rei Facteuren.

Een dovunner ass zum Beispill - seet hien - selbstverständlech d'Croissance, mä virun allem d'Entwécklung vum Emploi insgesamt am Land; dat heescht, wéi vill nei Aarbechtsplazen engersäits mer nach iwwerhaapt déi nächst Jore schafen a wéi vill Prozent, an zweetens, d'Entwécklung vum Chômage. Hie seet, datt déi zwee Facteuren eng immens Inzidenz hunn oder kënnen hunn op de Budget. Dat ass richteg.

Mä wann een elo kuckt, wat d'Zuele vun der OECD eis viraussoen, da kann een eigentlech d'Äntwert dorobber scho ginn. Och wa mer elo géifen haut soen, d'Zuele vun der OECD wären ze vill pessimistesch, muss een awer feststellen, datt de Statec elo a senge leschte revidéierten Zuelen net wäit ewech läit vun deem, wat d'OECD eis viraussoet.

Da komme mer an eng Situatioun, datt mer mat grousser Wahrscheinlechkeet Enn 2009 zu Lëtzebuerg e Chômage wäerten hu vun ongefëier ëm déi 6%, a mat grousser Wahrscheinlechkeet 2010 vun ëm déi 7%.

Vun deenen Zuele muss ee sech emol wierklech rappeléieren, wat déi heeschen. Dat heescht, datt mer an der nächster Legislaturperiod deen héchste Chômage kréien zu Lëtzebuerg zënter Jorzéngten, well souguer op dem Héichpunkt vun der Stolkris war de Chômage - wann dat antrëtt, wat d'OECD eis seet - ni esou héich wéi dat doten. Dat ass déi eng Saach.

Da kënnt deen zweete Phenomeen nach, dat ass, wann dann och nach d'Croissance vum Emploi den Houscht kritt, an och dat seet d'OECD eis viraus an och de Statec. Dee geet zwar nach fir d'nächst Joer dovun aus, datt eng Création d'emplois kënnt, mä do, wou nach Aarbechtsplaze géife geschafe ginn, seet de Statec, dat ass wahrscheinlech am öffentleche Secteur, mä net am Privatsecteur. Dovunner geet hien emol aus. Mä da kann ee sech virstellen, datt mer och an en Zeenario wäerte kommen, 2009, 2010, wou mer net méi, wéi mer dat elo déi lescht Joren haten, tëschent 8 an 12.000 a souguer méi Aarbechtsplazen d'Joer nei geschafen hunn - netto neier, dat heescht, e Plus haten -, mä datt mer éischter wäerten Aarbechtsplaze verléieren.

Déi doten Zuelen, déi baséieren natierlech virun allem och nach op enger Situatioun, wéi se haut ass. Do kënnen nach all Dag nei Donnéeën derbäikommen. Do kommen nach Facteuren derbäi, déi mat eraspillen, och an d'öffentlech Finanzen, wéi d'Kuerzaarbecht, déi mat eraspillt, an déi en héije Käschtepunkt kënne fir de Stat ginn. Et kënnen och nach aner Facteure mat bäikommen, datt zum Beispill eenzel Entreprisen eis an deenen nächste Méint a Joren ewechbriechen. Alles dat verbessert déi doten Zuelen natierlech net, mä verschlechtert se nach weider.

Den Här Wolter huet gesot, fir de Fonds de chômage wären d'nächst Joer 400 Millioune virgesinn. Wann déi Zuelen, déi d'OECD eis virausseet, géifen antreffen, dann ass et relativ kloer, datt dee Fonds de chômage herno net wäert 400 Millioune kaschten, mä éischter 6, 7 oder vläicht 800 Milliounen, eleng schonn 2009.

Wann ech dann nach, wéi gesot, esou Facteuren derbäirechne wéi Kuerzaarbecht iwwer länger Zäit, da kann een dovun ausgoen, datt dat och nach eng Kéier en zousätzleche Käschtepunkt wäert ginn. Dat cumuléiert natierlech den Defizit, dee mer herno, um Enn vum Joer, wäerten hunn, an dee répercutéiert sech natierlech och op déi Joren duerno, emol d'office, a wäert och nach eng Kéier 2010 respektiv 2011 zousätzlech Konsequenzen hunn.

Da kënnt nach en anere Facteur derbäi. Den Här Di Bartolomeo - hien ass elo leider fortgaangen, vläicht ass hien nach iergendwou an der Géigend - hat gëschter eng interessant Pressekonferenz iwwer e Volet vun der Sécurité sociale, deen eis hei och nach en zousätzleche Strécht duerch d'Rechnung maache kann. Ech hunn dat schonn an der Finanzkommissioun gesot, datt seng Analysen, déi hien ëmmer mécht, natierlech stëmmen, mä si stëmmen nëmmen, well hien einfach ëmmer zwou Saachen ewechléisst bei senger Analys. Ech kann dat zwar verstoen, vu datt de 7. Juni d'nächst Joer Wahle sinn, datt een déi Analys do esou mécht, mä d'Realitéit ass awer eng aner.

Firwat? Majo, wann een iwwert d'Sécurité sociale schwätzt, da muss een dräi Facteuren iwwerleeën.

Deen éischten ass, an dee gëtt emol schonn direkt ewechgelooss bei deenen Zuelen, datt mer zu Lëtzebuerg an enger Situatioun sinn, wann ech zum Beispill de Pensiounssystem huelen, da musse mer wëssen, datt d'office een Drëttel vun de Recettë fiskal Recettë sinn. Dat heescht, dat si Gelder, déi kommen direkt aus dem Statsbudget. Dat heescht, wa mer haut esou héich Reserven an de Pensiounskeesen hunn, dann ass dat, well mer do en einmalege System zu Lëtzebuerg hunn, wou d'office een Drëttel fiskaliséiert ass. Elo kann ee soen: „Majo, dat ass jo eng fei Saach. Mir si jo alleguer frou doriwwer, duerfir hu mer jo dann och déi Reserven, an duerfir ass jo da kee Problem."

Wann et awer an de Statsfinanzen enk gëtt an deenen nächste Joren, virun allem wann et méi eng laang Zäit méi enk gëtt - an all déi Zuelen, déi Ingrédientë vun Zuelen, déi mer entre-temps virleien hunn, déi deiten éischter dorop hin, datt et een, zwee, dräi oder vläicht véier Joer méi enk gëtt duerno -, da muss ee sech d'Fro stellen, wou een deen Drëttel hierhëlt, deen een direkt eriwwertransferéiert an d'Sécurité sociale. Oder et muss ee mer soen, wann ech deen Drëttel einfach ouni dës Zuele wëll eriwwerhuelen, wou ech da sträiche ginn op anere Posten. Entweder bei den öffentlechen Investitiounsausgaben oder soss iergendwou? Entweder et ass een en Hexe-

meeschter, oder et bréngt een et net fäerdeg - menger Meenung no ass dat Zweet éischter richteg -, fir dat doten alles ënnerdaach ze kréien.

De Problem, dee sech do wäert stellen, ass deen, wéi gesot, datt de Stat ganz séier Schwieregkeete wäert kréien, fir sengen Obligatiounen nozekommen, fir deem Deel Fiskaliséierung vun der Sécurité sociale kënne Rechnung ze droen, wann d'Recetten op där anerer Säit net méi do sinn. Dann huet een net vill Méiglechkeeten. Entweder huet een dann d'Méiglechkeet, fir nei Recettë sichen ze goen, fir déi Obligatioune kënnen oprechtzeerhalen, oder et muss een op anere Plaze sträiche goen.

M. le Président.- Här Bausch, erlaabt Der eng Tëschefro vum honorabelen Här Jaerling?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Selbstverständlech.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Här Bausch, Dir hutt elo vun deem Drëttel geschwat, dee vum Stat an d'Pensiounskeese geet. Dir wësst jo awer sécherlech, wou deen Drëttel hierkënnt. Dat ass net einfach esou en Drëttel, dat sinn Obligatiounen, wou de Stat 30 Milliarde Statsscholde bei de Pensiounskeesen hat, déi gestrach gi sinn, an dohier kënnt déi Participatioun vum Stat. Dat si Gelder, déi souwisou de Pensiounskeese geheiert hunn.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Also, Här Jaerling, onofhängeg emol dovunner, ob dat elo richteg oder falsch ass, dat ännert näischt um Fong vu menger Ausso. Souguer wann dat esou wär, wou ech awer net mengen, datt et esou ass wéi Dir et sot, mä souguer wann dat esou wär, ännert dat näischt un der Tatsaach, datt de Stat deen Drëttel all Joer opbrénge muss. Dat ass jo ënnert dem Strëch kif-kif, ob dat elo op deem dote Wee zustane komm ass, iwwer een Accord, oder ob de Stat dat vu sech selwer aus décidéiert huet.

Ech muss lech soen, datt et jo och Länner gëtt, wou d'staatlech Bedeelegung un der Sécurité sociale souwisou nach méi héich ass. Do muss een dann ëmmer dobäi soen, datt do de Spëtzesteiersaz och e bësse méi héich ass wéi zu Lëtzebuerg. Déi gi sech dann hir Recettë jo iergendwou sichen. Fait ass, datt de Stat en Engagement huet - an et ass jo egal, vu wou en dann hierkënnt - vun engem Drëttel zum Beispill an d'Pensiounskeesen anzebezuelen, a wann d'Recetten net méi do sinn, op där enger Säit, an et geet een dann net op aner Plaze bei den Dépensë sträichen, dann hu mer e Problem. Dat ass eng Fro, där mer eis musse stellen.

Deen zweete Volet ass dee vun der Croissance de l'emploi. Mir wësse ganz genau, datt och e gudden Deel vun deenen héije Reserven, déi mer haut hunn, dohier kënnt, well mer zu Lëtzebuerg eng exzeptionell héich Croissance vum Emploi haten an deene leschte Joren, fir net ze soe Jorzéngten. Wann elo déi Croissance de l'emploi net méi kënnt respektiv wa se souguer negativ géif ginn, iwwer méi wéi ee Joer, dann ass et relativ kloer, datt mer an de Krankekeesen an an de Pensiounskeese relativ séier e Problem kréien.

D'Banque centrale huet eis an der Finanzkommissioun gesot, si géif scho fir d'nächst Joer dovun ausgoen, doduerjer, datt déi Croissance vum Emploi net kënnt, datt d'Transferts sociaux an d'Sécurité sociale 110 Millioune méi héich misste sinn, wéi se de Moment am Budget stinn. 110 Milliounen Euro! D'nächst Joer schonn! Dat heescht, wa mer dat iwwer e puer Joer weiderschreiwen, musse mer dovun ausgoen, och do, datt dat e Problem gëtt fir de Statsbudget.

D'Banque centrale seet an hirem Avis zum Budget, menger Meenung no zu Recht, datt mer do en héije Risiko lafen, an datt mer Enn dës Joers bei 14% Schold par rapport zum PIB sinn, mä datt mer relativ séier riskéieren, jee nodeem wéi d'Entwécklung weidergeet an den nächste Joren, op déi 60% Limite ze stoussen, Verscholdung par rapport zum PIB, déi erlaabt sinn duerch d'Maastrichter Kritären. Dat heescht, och do hu mer en enormen Onsécherheetsfacteur am Budget, deen och virun allem sozial gesinn zu extreme Konsequenze féiere kann.

Meng Partei huet nach ëmmer gesot, datt si zum Ëmlageverfahren an zum Generatiounevertrag steet. Meng Partei war nach ni fir de Kapitaldeckungsverfahren, am Pensiounssystem zum Beispill, mä schonn zënter Jore gi mer net midd fir ze soen, datt mer gären hätten, datt mer ons erëm eng Kéier zesummesetzen, fir iwwer eng Rei strukturell Problemer, déi mer am System hunn, ze schwätzen. Dat betrëfft éischtens de Finanzement.

Mir wëssen, datt mer duerch déi dräifach Opdeelung, een Drëttel Stat, een Drëttel Salarié, een Drëttel Patron, also Arbeitgeber, an enger Situatioun sinn, datt natierlech nëmmen aarbechtsintensiv Betriber, zum Beispill, hire Bäitrag leeschte bei de Pensiounskeesen. Mir mengen, datt et awer och aner Betriber gëtt an där Gesellschaft hei, déi oft vill méi Benefisser maache wéi déi, déi aarbechtsintensiv sinn, an duerfir misst een endlech eng Kéier doriwwer schwätzen, wéi een déi mat abezitt, zum Beispill an de Finanzement vun der sozialer Sécherheet. Dat ass ee Punkt. Et gëtt awer och nach aner Pisten.

Déi zweet Saach ass, datt mer sécherlech mussen doriwwer schwätzen, net iwwer eng Erhéijung vum Pensiounsalter, mä iwwert d'Fro vun de 40 Joer, datt ee muss 40 Joer obligatoresch cotiséiere fir eng Pensioun ze kréien. Dat ass e wichtege Facteur, fir datt de System nach ka fonctionnéieren. Et gëtt sécherlech nach eng ganz Rei aner Pisten, a mir bedaueren et wierklech, datt erëm eng Kéier fënnef Joer verluer gaange sinn, ouni datt mer iwwert déi Saachen do diskutéiert hunn.

Firwat bedauere mer dat? Ma, well mer ganz genau wëssen, datt mer genau an deenen dote Systemer net kënne kuerzfristeg wierksam Saache veränneren. Mir sinn hei an engem Generatiounevertrag, an et kann een net bannent enger Generatioun grob Ännerunge maachen, well ee soss natierlech d'Spillregele bannent der Generatioun einfach emol verännere geet an de Leit och keng Chance gëtt, fir sech op nei Situatiounen anzestellen. Dat ass dat Eent. An zweetens gëtt et och esou kuerzfristeg net wierksam.

Et muss een esou Reformen also laangfristeg ugoen. Hei schiibt dës Regierung alt erëm eng Kéier där nächster Generatioun ee Ball zou, ee ganz vergëftenen, deen eng Kéier wäert zolidd Konsequenzen hunn. Ech kann nëmme staunen, datt - trotz allen Avisen, déi mer ëmmer erëm zu deem doten Thema kréien - mer an deem Land hei net fäeg sinn, sachlech an a Rou iwwert deen Dossier do ze diskutéieren. Mir wäerte gesinn, datt - ech hoffe wierklech a mir wënschen eis alleguer, datt et net geschitt -, wann déi Kris hei par malheur méi laang dauert wéi et eis léif ass, wéi séier datt mer do wäerten a Schwieregkeete geroden. Deenen Aspekter huet dës Regierung, wéi gesot, bis elo net ganz vill Rechnung gedroen.

Een drëtte Punkt, Här President, wa mer dann iwwert déi Saachen hei diskutéieren, iwwert de Budget an iwwert d'Prioritéit an héich öffentlech Investissementer, dann ass et och wichteg, datt een iwwer Prioritéite schwätzt, well et ass jo net méi alles méiglech an deenen nächste Joren.

Mir menge ganz kloer, datt d'Prioritéite mussen a véier grousse Beräicher leien. An zu deem éischte geheiert nach ee Sous-Beräich, dee ganz enk mat deem verstréckt ass. Deen éischten ass dee vun der Schoul an der Fuerschung, an dodrunner hänkt dee ganze Volet vun der Kannerbetreiung. Dat ass ee vun den zentrale Punkten, wou mer Schwächten hunn zu Lëtzebuerg, wou mer och dës Legislaturperiod net schrecklech vill weiderkomm sinn, fir net ze soe guer net weiderkomm sinn.

Mir wäerten elo, wann alles gutt geet, dann nach e Schoulgesetz bâcléieren um Schluss, wat awer vill Inkohärenzen huet a sécherlech net dee grousse Worf wäert ginn, dee mer bräichten, fir datt mer dës Schoul fit maache fir d'Zukunft.

An der Fuerschung hu mer Effortë gemaach, effektiv. Mir hu vill Ustrengungen an deem leschte Budget gemaach. Allerdéngs feelt et eis do un enger klorer Strategie. Mir haten eng Debatt hei an dëser Chamber, eng Interpellatioun zu der Fuerschung. Mir hunn do eng ganz Rei Saachen diskutéiert. Mir vermëssen nach ëmmer de klore Strategiepabeier, wat mer da wëlle förderen an der Fuerschung, well dat ass jo net onwichteg. Zumools och, wa mer effektiv wëllen dee ganze Fuerschungsaspekt verbanne mat enger Neiausriichtung vun eiser Ekonomie, mat enger Diversifiéierung vun eiser Ekonomie, fir datt mer net méi esou ofhängeg si vun engem eenzege Secteur.

Wéi gesot, dee ganze Volet Kannerbetreiung hänkt do hannendrun. An och do ass net vill geschitt. Do wäerte mer dann elo och um Enn vun der Legislaturperiod dee Chèque-service bâcléieren, deen an der Praxis wahrscheinlech doduerjer, datt en esou séier duerchgebaatscht gëtt, an och well déi Acteuren, déi en haaptsächlech mussen ëmsetzen, nach laang net wäerte prett sinn, well se och ni gehollef kritt hunn an deem Beräich - dat muss ee soen - vum Stat, nämlech d'Gemengen, wäert éischter nach zu Rosereie bei eenzelne Leit féieren, wéi datt et zu effikasse Leeschtunge wäert féieren. Mä och do, wéi gesot, hu mer erëm eng Kéier fënnef Joer Zäit verluer.

Zweete Punkt - deen hänkt dorunner -, dat ass de Logement. Mä net nëmmen de Logement am Sënn vun erschwénglechem Wunnraum, mä alles, wat an de Beräich vum Logement geheiert. Dat heescht och dee ganze Volet vu Sanéierung, Albausanéierung. Ech kommen nach an deem drëtte Punkt dorop zréck, firwat ech dat esou gesinn. An deem ganze Volet do si mer och net schrecklech vill weiderkomm. Mir hunn zwar e Pacte Logement duerch d'Parlament geboxt, deen och net ganz kohärent ass, éischtens, an zweetens fir déi grouss Erausfuerderung, déi sech hannendru verstoppt, sécherlech keng Äntwerte gëtt.

En drëtte Punkt ass d'Energieeffizienz an dee ganze Volet vun den alternativen Energien. Do hu mer awer och laang Joren Zäit verluer. Mir hunn e ganze Secteur an der Ongewëssheet gelooss, ier mer nei Reglementer geschaf hunn. Mir hunn och do eréischt um Schluss vun der Legislaturperiod et fäerdeg bruecht, ze légiféréieren. Och do wéi gesot si mer hannendran entretemps par rapport zu ville Länner.

Elo wäert Der gesinn, datt duerch déi ganz Problematik an och doduerch, wéi se wäert diskutéiert ginn, och elo no dem Wiessel, deen an de Vereenegte State wäert kommen, mer international eng onheemlech Dynamik wäerte kréien an deem dote Beräich.

Ech wëll lech just soen, datt de Bureau international du travail eng wëssenschaftlech Studië maache gelooss huet, déi ass am September dëst Joer publizéiert ginn, wou festgehale ginn ass, datt eleng an deenen nächsten zéng Joer an deem dote Beräich zwou Milliounen nei Aarbechtsplaze wäerte geschafe ginn, an datt och de Benefiss an deem Beräich, wann een dohinner investéiert, x-fach méi héich ass wéi an allen anere Beräicher. Dat heescht, et leien entretemps ganz detailléiert seriö Studien um Dësch, déi dat alles beleeën.

Mir hunn et fäerdeg bruecht zu Lëtzebuerg, och do den Zuch ze verpassen.

An dee véierte Volet, Här President, dee fir eis absolut Prioritéit huet, dat ass dee ganze Beräich vun der Mobilitéit an awer hei virun allem den öffentlechen Transport. Mir hu kolossal Retarden opgebaut iwwer Jorzéngten an deem Beräich, well mer ausschliesslech op eng Form vu Mobilitéit gesat hunn an déi aner staark vernoléissegt hunn, an déi leeft där anerer elo staark hannendrun.

Do wäerte mer elo missen Ustrengunge maachen, well dat doten huet net nëmme Konsequenzen am Kontext vum Energiespuere respektiv CO_2-Emissiounen, mä et huet och Konsequenze wat d'Entwécklung vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg insgesamt ubelaangt.

Mir wäerten, wa mer esou weiderfueren, wéi mer de Moment zu Lëtzebuerg fueren - dat wäert relativ kloer sinn -, a wa mer nach vill Wuesstum dann an Zukunft sollte kréien, déi Mobilitéit net méi esou organiséiert kréien. Mir hunn enorm Retarden awer do, an et wäert schwiereg ginn, déi séier opzeschaffen, d'autant plus datt wéi gesot d'Finanzen och elo nach méi enk ginn.

Dat sinn déi Prioritéiten, déi mir gesinn. Dat heescht am Kloertext, hei an deene Beräicher, menge mir, misst als Allerlescht gestrach ginn, an all anerer missten deenen eiser Meenung no ënnergeuerdnet ginn. Mä deen Exercice musse mer awer emol maachen.

Et ass eigentlech och schued, datt mer an der Budgets- a Finanzkommissioun, wou mer jo woussten, datt mer bei de Recettë géife virtuell diskutéieren, et net fäerdeg bruecht hunn, elo schonn am Hierscht konkret iwwert déi dote Froen, iwwert d'Prioritéitesetzungen ze schwätzen. Ech hoffen, datt mer deen Exercice mindestens am Parlament fäerdeg brengen, wa mer dann elo an där Spezialkommissioun diskutéieren nach bis de Mäerz oder Abrëll oder soulaang wéi d'Legislaturperiod dauert, fir iwwert déi Prioritéitesetzung ze schwätzen.

Véierte Punkt, Här President, dat ass: Et gëtt gesot, mir missten elo, wat richteg ass, héich öffentlech Investitiounsausgaben tätegen, an de Stat géif do mam gudde Beispill virgoen.

Ech wëll dorop hiweisen, datt 43% vun den öffentlechen Investitiounsausgabe vun de Gemenge kommen. 43%, also bal d'Halschent kënnt vun de Gemengen. Elo ass et awer esou, datt et nach laang net evident ass oder wäert sinn an den nächste Jore fir d'Gemengen, fir domadder eens ze ginn.

Une voix.- Très bien!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Et gëtt der, déi sti besser do wéi anerer, an et gëtt der, déi si méi oder manner verscholt wéi anerer. Wa mer gären hätten, datt d'Gemengen deen Défi do och kënnen ophuelen, da muss de Stat hinnen och hëllefen. Da geet et net duer, datt de Finanzminister seet, den Innenminister wäert elo an deenen nächsten zwou Wochen eng nei Circulaire budgétaire erausgi vum Intérieur eraus un d'Gemengen, wou hie seet, hei, léif Leit, passt op, maacht och elo emol hei e bëssen duer an zitt Projete vir.

Mä da muss den Intérieur endlech eng aner Roll spillen! Da muss d'Regierung iwwert de Ministère de l'Intérieur deene ville Gemengen am Land, déi jo eigentlech guer net kënnen dee Rôle do erfëllen am Moment, well se guer net d'Capacitéiten an d'Méiglechkeeten derfir hunn, och zur Säit stoen an där doter Situatioun.

Eng Stad Lëtzebuerg oder aner grouss Uertschaften oder Stied, déi kënnen dat nach maachen. Déi hu jo och éischtens emol den administrativen Apparat, fir et kënne schnell ze maachen. Mä all aner Gemenge kënnen dat jo aus eegener Kraaft net maachen. An do geet eng Circulaire vun engem Minister sécherlech net duer. Do muss den Intérieur ganz anescht aktiv ginn.

Ech mengen och, datt mer mussen eis iwwerleeën, ob mer net iwwert de Statsbudget eng Méiglechkeet fannen, fir ze évitéieren, datt d'Gemenge sech elo enorm verschëlden...

(Interruption)

...an haaptsächlech och nach dann, wann déi Kris dann eng Kéier eriwwer ass, Joren a Jore mussen Zënsen zréckbezuelen.

Dat heescht, et muss ee sech iwwerleeën, ob et net eng Méiglechkeet vläicht gëtt. Ech weess net, ob dat machbar ass, mä dat ass op alle Fall eppes, wat mir wëllen als Iddi emol lancéieren, datt de Stat e Fong géif schafen, wou en zum Beispill de Gemengen zënslos kéint Sue léinen, déi d'Gemengen dem Stat géifen zréckbezuelen, fir verschidde Projeten, déi se da wéilte virzéien, och kënnen ze finanzéieren.

Wa mer net esou Instrumenter notzen, da wäert dat Ganzt bei de Gemenge Lettre morte bleiwen. Dat heescht, da wäert et bei deenen 43%, bei der Halschent vun deem groussen Investitiounsprogramm sécherlech net kënne fonctionnéieren. Och do vermësse mer ganz kloer eng Visioun, eng Virgab vun dëser Regierung.

Här President, ech wëll elo e bëssen zréckkucken. Et deet mer leed, et muss een dat jo awer maachen, well dës Regierung an dës Majoritéit si jo 2004 ugetratt mat engem Virschoss a mat engem héijen Usproch, an da muss een och awer kënnen um Enn - a mir sinn um Enn vun der Legislaturperiod - beim Budget e Bilan doriwwer zéien, zumools an dësem Kontext.

Dës Regierung ass ugetratt, do war de Chômage bei ongefëier 4%. Si wäert d'Land iwwerginn, 2009 no de Wahlen, mat engem Chômage, deen an der Héicht éischter vu 6% läit.

Dës Regierung ass ugetratt, do hate mer hei am Land eng Moyenne vu Création d'emplois nette tëschent 8 an 12.000 Aarbechtsplazen d'Joer. Si gëtt 2009 den Zepter of, andeem mer wahrscheinlech éischter an engem Zeenario vu Suppression d'emplois leie wéi Création d'emplois.

Dës Regierung, Här President, ass ugetratt mat enger Croissance vum PIB, dee louch ongefëier tëschent 3 a 4% an der Moyenne. Si gëtt d'Land zréck mat enger Rezessioun Enn vun der Legislaturperiod.

Dës Regierung, Här President, ass ugetratt mat enger öffentlecher Schold, mat där mer de Musterschüler waren an der Europäescher Unioun; si gëtt d'Land of mat enger Schold, déi elo 14% par rapport zum PIB läit, mä mat ganz héijem Risiko behaft ass, datt mer ganz séier méi héich wäerte steigen an deenen nächste Joren.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Dës Regierung, Här President, ass ugetratt mam Verspriechen, datt se géif a fënnef Joer eng nei Dynamik schafen. Et war eng Partei, déi huet geschwat vun engem Sommet de la relance an deenen éischte sechs Méint vun der Legislaturperiod.

(Interruption)

Dausenden nei Aarbechtsplaze sollte geschafe ginn, x nei Secteure sollte geschafe ginn.

(Interruption)

Si wäert awer ofschléissen, Här President, mat héijem Chômage, mat engem neie Rekord u Kuerzaarbecht, déi mer am Land wäerten hunn, mat Schléissung vun Entreprisen.

Une voix.- Katastroph!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, wann ech dat soen, da soen ech dat net, well ech an dat nämlecht Spillverfahre verfalen, wéi dës Regierung et nawell gäre mécht mat aneren zesummen, andeem ech der Meenung sinn, datt dës Regierung un all deem Misär, dee mer elo hunn, eleng schold ass. Sécherlech ass et richteg, datt villes dovunner d'Resultat ass vun der Wirtschaftskris, an där mer elo dra sinn.

Mä, Här President, dës Regierung huet nawell gär gezielt um Ufank vun der Legislaturperiod, wéi et gedréint ass 2006 an 2007, datt déi gutt Situatioun eenzeg an eleng hire Mérite wär an d'Recetten haaptsächlech do wären, well si esou gutt géif schaffen an esou gutt géif wirtschaften.

Or, Här President, et kann een net hierkommen a sech virun d'Land stellen a soen, wann et gutt geet, ass et eise Mérite, a wann et schlecht geet, sinn all déi aner schold.

Une voix.- Voilà!

Une autre voix.- Très bien!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Mir sinn duerfir der Iwwerzeegung, Här President, och wann déi Wirtschaftskris sécherlech d'Regierung esou iwwerrascht huet wéi verschidden anerer, esou muss een awer soen, datt dës Regierung déi lescht fënnef Joer deem Usproch gerecht ginn ass, mat deem se ugetratt ass, an esou wéi se och gekennzeechent ginn ass vum Parteipresident vun enger vun deene grousse Koalitiounsparteien, nämlech d'Regierung vun der arithmetescher Vernunft, dat heescht d'Regierung vun der banaler Gestioun.

Virausschauend Saache si keng geschitt. Mir hu fënnef Joer Zäit verluer. Dat fannen ech dramatesch.

Duerfir, et ass net dës Regierung, déi schold ass un dëser Kris, mä et ass dës Regierung, Här President, déi schold dorun ass, datt mer fënnef Joer Zäit verluer hunn. An duerfir, datt mer elo schlecht preparéiert sinn um Ufank vun dëser Kris, dorunner...

Une voix.- Voilà!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- ...huet se ganz sécherlech eng Responsabilitéit.

Dat ass fir mech evident. Ech wëll nëmmen e puer Saachen opzielen: Reform vun der ADEM, d'Schafe wéi gesot vun neie Wirtschaftssecteuren, falsch Aschätzung vu verschiddene Facteuren, Netupake vun der Problematik vun der Sécurité sociale. Alles dat si Saachen, déi eis wäerten an deenen nächste Jore méi Schwieregkeeten nach maachen, wéi an deenen Zäiten, wou et gutt gaangen ass, well dës Regierung et net ugepaakt huet.

Dir verstitt och, Här President, datt et fir eis als Gréng als Konklusioun kloer ass, datt mer dëse Budget net kënne stëmmen.

Här President, de séchere Wee, dee stelle mir eis aneschters vir. An, Här President, Neel mat Käpp gesinn och aneschters aus. Duerfir ass et kloer, datt mir dëse Budget net wäerte stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Den Här Bausch war de leschte Riedner fir haut. Muer de Moien um néng Auer fuere mer viru mat de Budgetsdebatten.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.54 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Chamber TV

an der Stad
um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)

zu Esch
um Kanal S40 (455.25 MHz)

zu Déifferdeng
um Kanal S 29

zu Diddeleng
um Kanal S 32

an der Gemeng Nidderaanwen
um Kanal S 29

Sommaire des séances publiques Nos 10, 11, 12, 13 et 14

Dépôt d'une motion par M. Claude Meisch — page 124

Ordre du jour — page 124

5754 - Projet de loi relatif à l'aide à l'enfance et à la famille — pages 124-126, pages 129-135

Question urgente N°2980 de M. Claude Meisch relative à l'arrêt de la production auprès de Goodyear — pages 126-127

Motion de M. Claude Meisch relative à la transformation de l'ADEM en établissement public et à l'élaboration d'un projet de loi renforçant le rôle de l'ADEM dans le domaine de la formation des demandeurs d'emploi — pages 127-129

Dépôt d'une motion par Mme Viviane Loschetter — page 135

5894 - Projet de loi portant modification de l'article 545 du Code civil — page 136

5770 - Projet de loi transposant, pour la profession d'avocat, les dispositions de la Directive 2005/36/CE du Parlement européen et du Conseil du 7 septembre 2005 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles et de la Directive 2006/100/CE du Conseil du 20 novembre 2006 portant adaptation de certaines directives dans le domaine de la libre circulation des personnes, en raison de l'adhésion de la Bulgarie et de la Roumanie, et modifiant: 1. la loi du 10 août 1991 déterminant, pour la profession d'avocat, le système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; 2. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 3. la loi modifiée du 13 novembre 2002 portant transposition en droit luxembourgeois de la Directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un État membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant: 1. modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétes; 3. la loi modifiée du 29 avril 1980 réglant l'activité en prestations de service, au Grand-duché de Luxembourg, des avocats habilités à exercer leurs activités dans un autre État membre des Communautés européennes — pages 136-137

5745 - Projet de loi portant approbation de l'accord de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la Confédération suisse, d'autre part, pour lutter contre la fraude et toute autre activité illégale portant atteinte à leurs intérêts financiers — page 137

5815 - Projet de loi portant approbation de la décision 2007/436/CE, Euratom du Conseil du 7 juin 2007 relative au système des ressources propres des Communautés européennes — page 137

Communications — page 138

5960 - Proposition de loi portant modification des conditions d'admission à la fonction d'instituteur - modifiant l'article 30 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire — page 138

Ordre du jour — page 138

Dépôt d'une motion par M. Charles Goerens — page 138

5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget — pages 138-141
- Exposé de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances — pages 142-145
- Exposé de M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget — pages 145-148
- Discussion générale — pages 156-166

Dépôt d'un projet de révision de la Constitution — page 145

Motion de M. Charles Goerens relative au dépôt d'un projet de budget rectifié pour l'exercice 2009 — pages 148-150

5855 - Projet de loi

a) relatif aux piles et accumulateurs ainsi qu'aux déchets de piles et d'accumulateurs

b) modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets — pages 150-151

Allocution de bienvenue de M. le Président de la Chambre des Députés — page 151

Déclaration de M. José Manuel Durão Barroso, Président de la Commission européenne — pages 151-153

Séance de questions et de réponses:

- Question posée par le groupe parlementaire CSV — page 153
- Question posée par le groupe parlementaire LSAP — page 153
- Question posée par le groupe parlementaire DP — page 154
- Question posée par le groupe parlementaire Déi Gréng — page 154
- Question posée par la sensibilité politique ADR — pages 154-155
- Question posée par un député indépendant — page 155

Communications — page 156

Ordre du jour — page 156

Dépôt d'une motion par M. Aly Jaerling — page 156

Dépôt d'une proposition de loi — page 156